

et méiglech ass, kënne kachen. A si kréien en Täschegeld nieft deem, dass se opgehol sinn, an dat ass och richteg. Dat gëtt elo 29 Euro am Mount. D'Esse sinn 226,47 Euro. An da fir Hygiènesprodukter nach eng Kéier 45 Euro. Mee et muss ee wëssen, dass déi Leit jo vum Staat, also vun eis alleguerten – an dat solle mer jo och esou maachen –, en Ennerdaach kréien, sou gutt, wéi et geet, an dass se och versuergt ginn, wat d'Essen ugeet an d'Schlofen ugeet a sou weider.

Bon, dat hei kënnt derbäi. Dir wësst, dass mer Momenter haten – Dir wësst dat vläicht net méi sou –, wou mer heiranner vill méi héich louche wéi d'Länner ronderëmmer, an dat huet sech jo europäesch och e wéineg agependelt. A mir sinn hei an enger Moyenne, déi an Europa och eigentlech praktesch d'nämmlecht ass, an duerfir hu mer dat och e wéineg no uewen adaptéiert.

Sou, ech soen Iech villmools Merci an ech wier wierklech frou aus menger Siicht, wa mer d'Gesetz kéinte stëmmen, mee de Georges Engel, den Aarbechtsminister, deen huet natierlech och mat dru geschafft un deemem Projet an e wäert dat dann elo belichten. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Ausseminister Jean Asselborn. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Jo, merci, Här President. Merci, Dir Dammen an Dir Hären, och merci dem Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Et ass scho ganz vill hei gesot ginn. Dat Gesetz, dat huet, wat den Travail ugeet, als Zil, eng ganz Rei Elementer ze reegelen a virun allem dann den Drëttstaatler et ze vereinfachen, um Aarbechtsmarché Fouss ze faassen. An dat heite Gesetz, dat ass am Interêt vun eisem Aarbechtsmarché, dat ass am Interêt vun eisen Entreprises an dat ass och am Interêt vun enger méi mënschlecher a méi oppener Gesellschaft.

A jo, deen Text hei ass och op Demande vun de Patrone mat entstanen an duerfir ass dat hei schonn e Gesetz, wat eisen Aarbechtsmarché méi attraktiv mécht fir Talenter aus Drëttstaaten. A mir sinn an enger oppener Économie, mir sinn an engem oppenen Aarbechtsmarché a wat géife mir hei zu Lëtzebuerg maachen, wa mer eis auslännesch Aarbechtskräften hei net hätten? Mir géifen hei net méi kënne funktionéieren. Duerfir ass et extreem wichteg, dass mer och do eisen Aarbechtsmarché fit maache fir d'Zukunft.

Wéi meng Virriedner schonn ennerstrach hunn: Do gëtt et jo den Test du marché, deen elo extreem vereinfacht gëtt, an dat ënnert der Konditioun, dass de Posten, deen d'Drëttstaatler sollen unhuelen, dann och op der Lëscht vun de „métiers très en pénurie“ steet. An hei dauert et dann nach just fënnef Deeg, bis d'ADEM den néidege Certificat kann ausstellen. An déi Indicateuren, fir „métiers en pénurie“ oder „métiers très en pénurie“ ze definéieren, déi ginn zesumme mat der UEL definéiert. A wéi Der am Text konnt liesen, gëtt do gekuckt, wéi vill Aarbechts-sichend mer an engem Metier hunn, wéi vill oppe Poste gemellt sinn an dann den Taux vun den Offeren, déi vun engem Kandidat besat ginn. An dofir ass et immens wichteg, datt och alleguer d'Patronen hir Posten deklaréiere bei der ADEM, fir dass mer déi „métiers en pénurie“ sou definéiere kënnen, datt déi Beruffer do och alleguerten dra sinn. Wann d'Posten net gemellt ginn, da kënnen mer se och net op déi Lëscht huelen. Duerfir nach eng Kéier en Appell un d'Patronen: Mellt Är Poste bei der ADEM!

Voilà, dat Gesetz hei, dat mécht eisen Aarbechtsmarché méi mënschlech, fërdert d'Integratioun an ass och gutt fir eis Économie. Fir nach op d'Froe vun dem Här Graas ze äntweren, wat eis zwou Administratiounen, d'ADEM an d'ITM, ugeet: Jo, et ass richteg, ëmmer méi Missiounen kommen op si duer. Dat mécht natierlech och, dass den Aarbechtswolumen an d'Luucht geet. A mir brauchen och nach ëmmer konstant Leit, fir deene Missiounen do kënne gerecht ze ginn. Mir kréien der heiansdo net genuch, mee fir de Moment geet et awer duer, fir datt mer deene Missiounen hei kënnen elo mol an enger Ufanksphas gerecht ginn. Wa mer déi néideg Leit kréien, och an Zukunft.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Aarbechtsminister Georges Engel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8227. Den Text steet am Document parlementaire 8227⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8227 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, MM. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benay, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. Ordre du jour

Et gëtt proposéiert, datt mer de Projet de loi 6539A iwwert d'Modernisatioun vum Droit de faillite an de Projet de loi 8007 iwwert déi kommerziell Sociéiteiten, déi fir muer de Mëtteg um Ordre du jour waren, direkt elo no dem 7949 géifen op den Ordre du jour huelen. Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

4. 7949 – Projet de loi portant modification :

1^o du Code pénal ;

2^o du Code de procédure pénale ;

en vue de renforcer les moyens de lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des mineurs

Da kéime mer elo zum Projet de loi 7949 iwwert de Schutz géint sexuelle Mëssbrauch. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporteur vun deemem Projet de loi ass den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass méi en déifgräifende Sujet de Mëtteg, dee mer hei behandelen, dofir erlaabt mer wannechgelift e puer Wieder, fir an de Sujet anzeféieren.

Am 7949 geet et ëm d'Bekämpfung vum Abus sexuel an déi sexuell Ausbeutung vu Mannerjärengen, dat heescht, vu Kanner a vu Jugendlechen. Wéi et déi lescht Woch kloer ginn ass, dass mer et géife packen, deesen Text nach ze stëmmen, hunn ech a mer gespuert, wéi wichteg mer déi Fro ass. Ech si besonnesch houfreg, bei deemem gesellschaftspolitesch wichtige Gesetzesprojet als Rapporteur d'Wuert kënnen ze ergäifen. Et geet och hei ëm Gerechtegkeet, et geet ëm de Schutz vun deene Vulnerabelsten, nämlech déi Mënschen, déi vun anere Mënsche mëssbraucht ginn.

Ech hunn déi Diskussioun a Frankräich schonns verfollegt gehat, Artikelen a Bicher gelies, mee virun allem hunn ech a Gesprécher mat Frënn a Professionellen aus dem Secteur zu Lëtzebuerg héieren, wéi heefeg den Abus vun de Kanner ass, wéi perfid en ass, wéi e Schued déi haut erwuesse Persounen am Alldag mat sech droen, jorelaang, jo, joerzëngtelaang no de Faiten.

Och hunn ech héieren, wéi schwierig et ass, als Affer de Courage, d'Kraaft, ze fannen, fir driwwer ze schwätzen. Wéi schwierig et ass, sech Hëllef ze huelen, nodeems ee laang gesicht huet, wisou ee Schwierigkeeten huet a sengem Liewen, fir et ze meeschten. Ech hunn héieren, jo, dass déi Persounen als erwuesse Mënsche weider Affer sinn an oft an hirer Famill marginaliséiert ginn, weider un de Rand gedréckt ginn oder quasi ausgeschloss ginn, jo, ausgeschloss sinn. Firwat? Well se geschwat hunn, well se de Papp, de Monni denoncéiert hunn, well se erausfonnt hunn, dass et net richteg war, dass dee Frënd vun den Elteren, dee reegelméisseg sonndes op Besuch komm ass, nom Mëttegiess mat op hiert Zëmmer gaangen ass, fir sech un hinnen ze vergräfen; dass dat nëmme méiglech war, well déi eegen Elteren et zougelooss hunn an e Stack drënner an der Wunneng waren, zu deem Moment, wou e Frënd hiert eegent Kand mëssbraucht huet a si hiert eegent Kand net geschützt hunn, grad de Géigendeel: et ausgeléiwert hunn!

Déi éffentlech Diskussioun huet mat sech bruecht, dass vill Persounen am Frëndeskrees sech getraut hunn, ze schwätzen an ze soen, wat hinnen an hirer Kanner- a Jugendzäit passéiert ass. Wéi mer et ewell wëssen, ass den Täter ganz oft an der Famill oder am enke Frëndeskrees vun der Famill ze fannen. A ganz oft gëtt et an der Famill Leit, déi Bescheid wëssen, déi et geschéie gelooss hunn; Mammen, déi wëssen, wat de Papp mat de Kanner mécht, mee wéinst dem Familijefridde respektiv wéinst der finanzieller Ofhängegkeet hu se näischt gesot.

Selwer hunn ech mech mat Leit iwwer hir Situatioun, wou si oder Geschwëster mëssbraucht goufen, kënnen austauschen, lauschteren, wat si gesot hunn. Als Kand, als Jonken traut ee sech oft jo net ze schwätzen. Gëtt mir gegleeft? Ass dat da wierklech sou schlëmm? Gëtt et elo Sträit an der Famill? Jo, sinn ech net souguer deen, deen d'Famill zerstéiert, wann ech schwätzen? A stinn ech dann net ganz eleng do? Verléieren ech meng Elteren alle béid? Gi si getrennt an ech si Schold dorunner?

Onerdrobar Suergen a Froe fir e jonke Mënsch, grad am Alter, wou hie seng Perséinlechkeet opbaut, Suergen, déi e Mënsch fir e Liewe laang fragiliséieren. An oft eréischt no laange Joren, nodeems de Mëssbrauch passéiert ass, gëtt den erwuessene Mënsch sech dären kloer a bewosst, wéi en Onrecht him passéiert ass.

D'Zuele vun enger Ëmfro zu Lëtzebuerg vun der Unicef vun 2014 soen, dass 13 % vun de jonke Fraen, deemools tëscht 18 an 29 Joer, Affer vu sexueller Gewalt waren, ier se 15 Joer haten. An eng Etüd vum Statec vun 2020 weist drop hin, dass vill Persounen, och wa se Affer vu Sexualgewalt sinn, sech net bei der Police melden. D'Orange Week am November all Joer ass dann och wichteg fir d'Sensibilisatioun vun eiser Gesellschaft, wat d'Problematik vun der sexueller Gewalt an dem Mëssbrauch vu Mannerjärege ugeet.

D'Ministesch Sam Tanson huet de Gesetzesprojet 7949 de 17. Januar 2022 deposéiert an zwee Deeg drop an der Justizkommissioun presentéiert, zesumme mat der Proposition de loi 7850 vun der Kolleegegin Nancy Kemp-Arendt vun der CSV zum selwechte Sujet. Ech gouf och dunn zum Rapporteur bestëmmt. De Staatsrot gouf säin éischten Avis de 4. Juli dëst Joer, mer hunn en den 10. Juli analyséiert an eng Serie Amendementer ugeholl. Den Avis complémentaires krute mer e Freideg, de 14. Juli; domadder war déi lescht Hürd geholl, sou dass mer de Rapport konnten de 17. Juli unhuelen.

Ech wëll op dëser Plaz dem Nancy Kemp-Arendt ausdrécklech Merci soe fir hir Proposition de loi, déi mat an dëse Gesetzesprojet agefloss ass, de Gesetzesprojet vun haut, dee méi wäit geet, mir – also ech – droen hir Rechnung. D'Madamme Arendt ass au vu vun dësem Gesetzesprojet, iwwert dee mer elo ofstëmmen, bereet, hir Proposition de loi zeréckzezielen – merci d'offrir –, dat ass méttlerweile och scho formell geschitt.

Mir krute siwen Avice vum Gesetzesprojet niewent deenen dräi vum Staatsrot: d'Cour supérieure, d'Bezirksgeriichter aus der Stad a vun Dikrech, Parquet général, an déi aus der Stad a vun Dikrech, den OKaju an d'kathoulescher Kierch. An den Avice gëtt d'Initiativ fir de Gesetzesprojet begréisst wéinst sengem Objektiv, den Abus sexuel an d'Ausnutzung vun de Mannerjärege ze bekämpfen. D'Gesetzgebung gëtt den haitegen Ëmstänn ugepasst, notament un dat digitaalt Ëmfeld, a mer stellen d'Konformitéit hier am Code pénal mat der EU-Direktiv vun 2011 a mat der Konventioun vu Lanzarote. Begréisst ginn och d'Präsiounen vun enger Rei Notioune wéi „Consentement“, „Pénétratioun“, „Atteinte à l'intégrité physique“.

An den Avice vun de Juridictionne liese mer awer och Bedenken, wat d'Verlängerung respektiv d'Ofschafen a verschidde Fäll vun der Verjärege ugeet. Och ginn do Iwwerleeunge geféiert, wat d'Erënnerung un d'Fakte laang Jore méi spët ugeet. D'Proportionalitéit vun den neie Strofe par rapport zur Gravitéit vun den Infraktiounen gëtt och a verschidde Fäll a Fro gestallt.

Genau zu deenen Iwwerleeungen ass et interessant, den Avis vun der kathoulescher Kierch ze liesen, well mat allem, wat an deene Kreesser geschitt ass, ...

Une voix | Net nëmmen do!

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | ... baséiert hiren Avis op dem Opschaffen an hirem Centre d'accueil zënter 2010, also wäit méi wéi zéng Joer, hei zu Lëtzebuerg – d'Centres d'accueil vum Mëssbrauch duerch Kiercheleit. An deem Avis gëtt ausdrécklech begréisst, dass d'Verlängerung vun de Verjäregefristen an d'Ofschafung dervu bei de schlëmmste Crimen u Mannerjärege agefouert gëtt.

Den OKaju huet säin zweeten Avis den 13. Juli formuléiert. Hie begréisst d'Clause „Romeo a Julia“, mee huet Bedenken, wat den Altersënnerscheed vu véier Joer ugeet. Dem OKaju wär dräi Joer léiwer gewiescht an e wier frou gewiescht, wa se net iwwer 18 Joer gaange wier, dem Alter vun der Majoritéit. Weider ass déi Clause a sengen Ae schwierereg ze applizéieren bei schwéieren Infraktiounen, well se implizit kann op e Consentement zu senger eegener Ausnutzung schléissen, deen e Mannerjärege ënner 16 Joer per Gesetz awer net ka ginn.

Ëm wat geet et elo prezis am Gesetzesprojet? De But ass, e legale Kader ronderëm sexueller Gewalt a sexuellen Abus ze schaffen, virun allem géigeniwwer Kanner, souwuel online wéi offline, fir dee Kader ze stäerken. Et ginn also eng Rei Modifikatiounen vum Code pénal a vum Code de procédure pénale proposéiert, déi zu enger Konformitéit mat der Konventioun vu Lanzarote féiert an mat enger EU-Direktiv iwwer sexuell Abusen an Exploitatioun vu Kanner, wou mer déi garantéieren.

Och gëtt sech um rezente belsche Gesetz inspiréiert, wat d'Dispositiounen iwwer sexuell Gewalt am Code pénal grondleeënd ofännert. Dëse Projet de loi soll als éischt emol d'Notioun vum „Consentement zu engem sexuellen Akt“ verdäitlechen, andeems en neien Artikel 371-2 de Consentement definéiert an déi Prinzipien, déi d'Jurisprudenz haut applizéiert, textuell festhält. Esou ass et zum Beispill virgesinn, dass de Consentement unhand vun den Ëmstänn vun der Affär appreciéiert gëtt an dass en net ka vun der Absence de résistance vum Affer ofgeleet ginn, nom Motto: „Du hues jo näischt gesot, also waars du d'accord.“

Et ass preziséiert, dass de Consentement all Moment kann zréckgezu ginn, virdrun oder während dem Akt.

Den neien Artikel preziséiert och, dass e Mineur kee Consentement zu engem sexuellen Akt ka ginn, eebe grad well et e Mannerjärege ass, dee kee Consentement éclairé ka ginn. Dat heescht, dass souguer, wann e Mineur géif soen, dass en averstanen ass, dat keng Inzidenz op d'Strofodot huet, vu dass et sech ëm en net gültige Consentement handelt. Hors contexte incestueux bezitt sech dëse Prinzip op Mineure vu manner wéi 16 Joer, dat ass den Alter vun der Majorité sexuelle, deen et haut scho gëtt; am Contexte incestueux viséiert en all Mineur.

Mir schafen awer eng Ausnam zu dësem Prinzip hors cadre incestueux, andeems mer déi sougenannte „Clause Romeo et Juliette“, déi och a Frankräich an an der Belsch existéiert, aféieren. Dat heescht, dat mir virgesinn, dass e Jugendlechen tëscht 13 a manner wéi 16 Joer kann e valabele Consentement ginn, wann den Altersënnerscheed mat der anerer Persoun net véier Joer iwwerschreit.

Mat dëser Dispositioun droe mir net nëmmen der Konventioun vu Lanzarote an de Recommandatiounen vun deem Komitee Rechnung, mee och enger Observatioun vum Staatsrot, deen eng Inkohärenz opwerft, dass sech mam zukünftege Jugendstrafgesetz zwee Jugendlecher tëscht 13 a manner wéi 16 Joer, déi eng agewëllegt sexuell Relatioun hunn, sech alle béid kéinte strafbar oder géife strafbar maachen.

Soumat ginn dës sexuell Relatiounen net méi automatesch als Strofdot ugesinn, wat natierlech awer net heescht, dass déi sexuell Relatioun, Handlung, erlaabt ass. Wann ee vun de Protagonisten net averstanen ass, kann deen aneren, den Täter, nach ëmmer bestrooft ginn. Et geet hei drëms, géigesäiteg agewëllegt sexuell Relatiounen tëscht Jugendlechen, déi e minimen Altersënnerscheed hunn, eeben net automatesch ze kriminaliséieren.

Da soll och den Term „Attentat à la pudeur“, also eng sexuell Handlung, bei där keng Pénétratioun wéi beim Viol virläit, duerch den Term „Atteinte à l'intégrité sexuelle“ ersat ginn, vu dass de Wäert, deen et gëllt ze schützen, méi d'Recht op sexuell Autodeterminatioun an Integritéit ass wéi d'Pudeur, wéi se an der Effentlechkeet opgeholl gëtt. Den Term „Attentat à la pudeur“ gëtt net méi an eisen Nopeschlänner benotzt; a Frankräich säit 1994 net méi, do gëtt vun enger Atteinte sexuelle an enger Aggression sexuelle geschwat; an der Belsch ass den Term och ofgeschaf.

De Viol vun engem Mineur, de Viol incestueux vun engem Mineur an d'Atteinte à l'intégrité sexuelle incestueuse géintiwwer engem Mannerjärege ginn och elo zu autonomen Infraktiounen, bei deenen och Strofen eropgesat ginn. Stand haut sinn dës Fäiten nämlech – ënner Gänseféisercher – „nëmme“ Circonstances aggravantes, a mat der Autonomisatioun vun dësen an dem Eropsetze vun de Strofe soll d'Gravitéit vun deene Strofdoten nach emol ervirgehewe ginn.

Wann elo den Inzest am Kader vun enger sexueller Handlung géintiwwer engem erwuessenen Affer begaange gëtt, applizéiert sech den aktuellen Artikel 377 vum Code pénal, deen dann och au vu vun dësen autonomen Infraktiounen adaptéiert gëtt. De Champ d'application vun der Vergewaltigung, vum Viol a vun der Atteinte à l'intégrité sexuelle gëtt preziséiert an erweidert, fir dass et och kloer ass, dass déi Infraktiounen souwuel offline wéi och online kënnen begaange ginn an eng Panoplie vu Situatiounen ofgedeckt sinn, bei deenen d'Jurisprudenz sech net ëmmer eens ass.

Sou steet elo kloer an de relevanten Artikelen, dass de Viol an d'Atteinte à l'intégrité sexuelle net nëmme kënnen bestrooft ginn, wann den Täter dem Affer eng sexuell Handlung imposéiert, mee och, wann den Täter d'Affer derzou bréngt, eng sexuell Handlung auszeüben, sief dat um Kierper vum Täter, um Kierper vum Affer selwer oder um Kierper vun enger Drëttersoun.

Aner wichteg Präzisatiounen: Bei den Artikelen iwwert de Viol gëtt preziséiert, dass den Acte de pénétration sexuelle net nëmmen d'Pénétratioun vum oder mam Geschlechtsdeel ass, mee all Pénétratioun à connotation sexuelle, wéi zum Beispill am Mond oder och rektal respektiv mat anere Kierperdeeler oder Objeten. Bei der Atteinte à l'intégrité sexuelle gëtt, wéi et haut scho beim Viol de Fall ass, preziséiert, dass se duerch egal wéi e Moya ka begaange ginn. D'Element vun der Absence de consentement, wat aktuell net an der Incriminatioun vum Attentat à la pudeur steet, gëtt hei och agefüügt. D'Mentioun, dass d'Affer „de l'un ou de l'autre sexe“ ka sinn, gëtt gestrich, fir dass kloer ass, dass intergeschlechtlich Persounen a Persounen, déi dem drëtten Sexe ugehéieren, och ënnert dës Dispositiounen falen.

D'Strofdoten am Kader vum Inzest mat Männerjärege gesinn eng Lëscht vu Persounen vir, déi Täter vun esou enger Infraktioun kënnen ginn. Dës Lëscht ass och en Novum an – wichteg an dësem Gesetz – gëtt large formuléiert. Et geet méi wäit wéi déi aktuell, fir dass net nëmmen d'Familljemembere sech

strofbar maache kennen, mee och aner Bezuchs- a Vertrauenspersounen vu Mannerjärege, zum Beispill déi Leit, déi vun hirem Beruf aus eng Autoritéit iwwer e Mineur hunn, wéi zum Beispill Enseignant-en, Sporttrainer oder Leit, déi reegelméisseg op de Mineur oppassen, wann d'Elteren net do sinn.

Zum Schluss gëtt den Artikel 383bis vum Code pénal iwwert d'Fabrikatioun vum pedopornografesche Material prezisiéiert, fir eng konform Transpositioun vun der Direktiv 2011/93 ze garantéieren.

Am Code de procédure pénale – ech kommen zu deene leschte Punkten, Här President –: D'Verjærungsfrist vu verschiddene Strofdote géintiwwer Mannerjärege ginn eropgesat. Grond dovun ass, dass d'Affer vu sexuelle Strofdoten – virun allem mannerjärege Affer – oft eréischt spët realiséiere beziéungsweis sech iwwerhaupt erënneren, wat hinne geschitt ass. De Phänomeen vun der Amnésie traumatique, deen och vun der WHO unerkannt ass an als Trouble de stress post-traumatique agestuuft ka ginn, mécht, dass dat traumatéiert Erleefnis aus der Mémoire consciente vum Affer verschwënnt. D'Affer realiséieren also eréischt spët, wat passéiert ass, ënner anerem duerch eng Therapie, a wa se eng Plainte wëlle maachen, ass et bis ewell oft ze spët, well d'Verjærungsfrist ofgelaf ass. Generell muss een ervirhiewen, dass mir verschidde méi laang Verjærungsfristen op eng gestaffelt Aart a Weis virgesinn.

Wat d'Crimes ubelaangt, do schaaft eise Projet de loi eng Imprescriptibilité beim Viol vun engem Mineur a bei engem Viol incestueux vun engem Mineur. Do gëtt et keng Verjærung méi.

Bei anere Crimmes gëtt d'Verjærungsfrist, déi ab der Majoritéit vum Mannerjärege leeft, vun 10 op 30 Joer eropgesat, an zwar bei der Atteinte à l'intégrité sexuelle mat Violence a Menace, am Kader vum Inzest souwéi och am Fall vun enger Genitalmutilatioun. D'Infractiounen vu Coups et blessures a Privation d'aliments géint ee Mineur vu manner wéi 14 Joer ginn dann och elo op d'Lëscht vu Strofdoten agefüügt, fir déi d'Verjærungsfrist vun zéng Joer ab der Majoritéit vum Kand eréischt uleeft.

Bei den Delikter gëtt d'Verjærungsfrist vu fënnf op zéng Joer eropgesat fir Strofdoten, bei deenen den Délai och schonn haut ab der Majoritéit leeft. D'Verjærungsfrist gëtt dann op 20 Joer eropgesat am Fall vun enger Atteinte à l'intégrité sexuelle géintiwwer Mannerjärege. Et sief bemierkt, dass, conformément zu eise legale Kader, dës nei Verjærungsfriste sech direkt – direkt! – ab dem Akraafriede vum Gesetz applizéiere kënnen, soudass sexuell Strofdoten, déi virun dem Akraafriede vum Gesetz begaange goufen, och ënnert dës nei Delaie falen.

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem wichtege Gesetzesprojet, mat deem mer de Schutz vun de Kanner a Jugendleche viru sexueller Gewalt stäerken an e kloert Zeeche setzen, dass eis Gesellschaft op der Säit vun den Affer steet. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

Une voix | Richtig gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Charles Margue.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Charles Margue, Merci soe fir säin exzellente Schrëftlechen, mee virun allem exzellente

mëndleche Rapport. An et wier eigentlech gutt, wann déi lescht zéng, zwielef Minutten, wou hie geschwat huet, déi 650.000 Leit, déi am Land wunnen, dat matkritt hätten. Net, well et den Här Margue ass, mee well dat hei eppes ass, wat d'Leit am Alldag concernéiert an, ech mengen, 90 % vun de Leit guer net wëssen, wat dat Gesetz hei bedeit.

An erlaabt mer, Madamm Minister ... Sou wichtig dat Gesetz hei och ass, et muss een och déi Wichtigkeet no baussen de Leit vermëttelen, fir dass se sech net an hirem Alldag, vläicht zum Deel ongewollt, a Situatiounen befannen, wou se net wëssen, wat fir enge Strofdote si sech eventuell exposéiert hunn.

Well Dir sot richtig, Här Margue ... an Dir hutt dat beschriwwen mat Ärer Weisheet aus Situatiounen, déi sech a verschiddenen Haiser – an ech mengen, ech kommen herno nach dorobber zrëck, dat ass net nëmmen an eenzelnen Haiser – am Alldag erëm-spigelen. Well de sexuelle Mëssbrauch, dat ass eng schlëmm Strofdot, andeem d'Leit eigentlech wäit iwwert den Akt selwer laang an hirem Liewen dermat ze kämpfen hunn, an dat zielt besonnesch beim sexuelle Mëssbrauch vu Mannerjärege.

An dass dat, wéi Dir dat richtig beschriwwen hutt, eigentlech vill méi dacks virkënt, wéi d'Leit dat do-baussen am Kapp hunn, dat ënnersträichen d'Zuelen; Dir sidd op eenzelner agaangen. Ech hu gëschter Owend déi Ried hei virbereet, wou ech selwer – ech soe ganz éierlech – erfëiert war. Nämlech ass dem Conseil de l'Europe no eent vu fënnf Kanner – eent vu fënnf Kanner, dat sinn 20 %! – an Europa Affer vu sexueller Gewalt. An an 80 % vun de Fäll – dat ass dat, wat u sech nach méi schlëmm ass – sinn d'Kanner sech souguer bewosst, wien den Täter ass. 80 %! Dat musst Der Iech virstellen! An déi Zuelen, déi sinn einfach erschreckend.

An da kënnt Der soen: „Jo, dat ass Europa“, mee zu Lëtzebuerg selwer – den Här Margue ass agaangen op d'Zuele vum dem Statec –, do ass och eng vu fënnf Persounen – dat sinn 20 %! –, Affer vu physischer, sexueller an och psychologescher Gewalt. Dat ass dat, wat de Statec ermëttelt huet. An ech mengen, dass déi Donkelziffer nach vill, vill méi héich läit. Dofir ass dat hei e politesch Gesetz, wat eng enorm wäit Tragweid huet.

An d'Schwieregkeet, ech mengen, dat ass virun allem eng politesch; de Conseil d'État huet dat och ënnerstrach: Dat ass, en Equilibre ze fannen zwëschent dem Schutz vun dem Affer, Ofschreckung, an anerersäits awer och, a ganz penibelen a schwiegege Situatiounen, d'Ofweie vun elementare Rechtsprinzipie wéi der Onscholdsvermutung an dem Schutz vun der Privatsphär vun den eenzelne Leit. Ech soen dat ganz éierlech, an zwee Deeg virum leschte Chambersdag: Ech mengen, dass deen Equilibre hei richtig getraff gouf. Ech hat selwer d'Chance virun, mengen ech, iwwer zwielef Joer, Rapporteur ze sinn vun deem viregte Gesetz vun dem Schutz géint sexuell Gewalt, wou eenzel Adaptatiounen an dem Code pénal gemaach goufen.

Ech sinn och frou – soen ech ganz éierlech –, dass ech selwer mat der Justizministesch viru ronn 14 Deeg iwwer eppes eens gouf, wat och eng politesch Fro ass, nämlech d'Afëierung vun der sougenannter – de Charles Margue ass drop agaangen – Clause „Roméo et Juliette“. Dat heescht, wéi wäit ech kann agewëllt sexuell Akten zwëschen Mannerjärege oder zwëschen enger Persoun an engem Mannerjärege – ech widderhuelen: agewëllt sexuell Akten, well d'Welt geet och virun, se ass net 1945 stoe bliwwen – aus dem Strofrecht eraushuelen. Ech kommen herno nach dorobber zrëck.

Mir begrëssen also, Dir Dammen an Dir Hären, ausdrécklech, dass d'Sexualstrofrecht moderniséiert gouf, dass et, wéi de Charles Margue et gesot huet, net nëmmen enger internationaler Konventioun vu Lanzarote Rechnung dréit, mee och enger europäescher Direktiv.

Erlaabt mer och, hei an dem Plenum nach eng Kéier Merci ze soen der Madamm Nancy Arendt épouse Kemp, well si och weesentlech zu der Ausriichtung vun dësem Gesetz bäigedroen huet, andeem se fréizäiteg eng Proposition de loi deposéiert huet. An déi Quintessenz vun hirer Proposition de loi, déi iwwert de Schutz vun den Affer vu Sexualstrofdote gaangen ass, déi fënn sech awer an dësem Gesetzestext erëm, och wann d'Madamm Arendt op eenzelne Punkten méi wäit – net zu Onrecht – wollt goen.

Dass dat Theema hir wichtig ass, dat huet se och ënnerstrach, andeem se ënner anerem eng Interpellatioun viru ronn zwee Joer ugefrot hat hei an dem Plenum, wou ausdrécklech driwwer diskutéiert gouf a wou och eng ganz Rei vu Motiounen vun hir presentéiert goufen. Erlaabt mer, hir dofir am Numm vun eiser Fraktioun – an ech huelen dann de Rapporteur mat ran – ausdrécklech Merci ze soen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Wichtige ass eigentlech, dass d'Leit dobaussen d'Tragweid vun dësem Gesetz matkriegen a wat dat och konkret heescht. Ech weess, dass mer dat haut de Mëtten net onbedéngt hikriegen, mee erlaabt mer just, an deenen nächsten zéng Minutten trotzdem op eenzel – ech soen – Bestëmmungen anzogeen, déi d'Leit dobaussen vläicht guer net esou matkriegen.

Dat éischt ass: An dësem Gesetz kënnt eng kloer Bestëmmung vun deem, wat de „Consentement“ heescht, also d'Awëlligung zu enger sexueller Handlung. An do muss eigentlech, mengen ech, wéi a verschiddene südeuropäesche Staaten, notament a Spuenien, de Jo zu Awëlligung e klore Jo sinn. Dir hutt matkritt, dass sech op enger beléifert spuenescher Vakanzendestinatioun an der leschter Zäit gréisser Problemer gestallt hunn. „Si“ – ech si kee Spueneschlinguist, mee „si“, dat heescht e klore „Si“. Dat heescht, dat ass net e „Jo, et war awer keen Neen“. Neen, de Jo muss e klore Jo sinn!

An d'Gesetz gesäit och kloer vir, dass, wann am Ufank vun enger sexueller Awëlligung de Jo do war an en ass während deem sexuellen Akt kee Jo méi, jo, dann ass et en Nee, mat alle Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt. An et kann een also net soen, dass, wann am Ufank keng „résistance physique“, also eng physisch Resistenz, do war, da bis zum Schluss vun där sexueller Handlung de Jo nach ëmmer ginn ass, mat alle Konsequenzen, déi dat fir deen een a fir deen aneren Acteur mat sech bréngt.

En zweete Punkt ass deen, dass – de Rapporteur huet et gesot – een net méi vun engem Ugrëff op d'Schimm schwätzt, engem Attentat à la pudeur, wéi dat bei ganz villen eelere Penalisten – an ech gesinn de Guy Arendt als Batonnier hei setzen, d'Madamm Simone Beissel – ëmmer gesot gouf, mee dat ass eng Atteinte à l'intégrité sexuelle. Och do gëtt den Akt vun der Vergewaltigung, also vun dem Viol, vill méi breet gefaasst. Also, et ass eigentlech „toute pénétration à connotation sexuelle“, dat geet wäit. Do ass der Virstellungskraaft vun de Sexualtäter heiansdo keng Grenze gesat, a mir fannen et dofir richtig, dass och de Gesetzgeber e Rigel virgesäit, fir alles ze ëmfaassen, fir dass net opgrond vun der strikter Applikatioun, déi d'Strofrecht huet ..., well Dir wësst, dass just dat, wat ausdrécklech an dem Strofrecht verbueden an incriminéiert gëtt, ka poursuiviéiert ginn. Hei gëtt déi Definitioun vun dem Viol méi breet gefaasst

an duerfir ass et och normal, dass, wann am Alldag déi Virstellungskraaft vu Sexualtäter méi breet gëtt, dann och d'Gesetz muss deementspreechend nozéien.

Mir hate länger Diskussiounen an der Kommissioun. Dat ass och esou, dass net nëmmen Akte sinn um Kierper vun dem Affer, mee dat kënnen och Akte sinn, déi gezwonge sinn um Kierper vun dem Täter oder souguer un Drëttpersonen, mat alle Méiglechkeeten, déi een do an dem Sexualstrofrechtsspektrum kann hunn.

Dann ass de Rapporteur drop agaangen, dass e besonnesche Schutz do ass fir d'Mannerjäreg – woubäi ee bei der Ëmfaassung vu „Mannerjäreg“ natierlech ënnerschiddlecher Meenunge ka sinn. An et gesäit een och, wann een ... Et war en Artikel am Lëtzeburger Wort virun zwee, dräi Deeg, wou ee gesäit, dass de Sexualstrofrechtsalter souguer an der Europäescher Unioun zwar net weesentlech, mee awer am Alter ganz staark variéiert, soudass een do keng honnertprozenteg Wëssenschaft huet. Ech mengen, mir hunn eis hei zu Lëtzebuerg fir e Mëttelwee, e relativ strenge Mëttelwee, agesat a mir kënnen och do d'Justizministesch op deem Punkt ausdrécklech ënnerstëtzen.

Dat selwecht zielt, fir dass an Zukunft den Inzest – dat heescht, wa sexuell Akten, sexuell Handlung bannent enger Famill bis zum drëtten Grad erfollegen – net méi als sougenannt „circonstance aggravante“ gezielt gëtt, mee dass dat als eegestänneg Strofdot virgesinn ass. An do kommen ech zrëck op dat, wat de Charles Margue eigentlech am Alldag beschriwwen huet: Woubäi dat och vläicht kulturell guer net esou schlëmm an den eenzelne Familljen ugesi gëtt, ech soen, vläicht zum Beispill als „normal“ heiansdo, leider „normal“ ugesi gëtt. Dat ass hei mat enger eegestänneger Bestëmmung an dem Code pénal elo ausdrécklech verbueden. An ech mengen, dat ass net nëmmen eng Ofschreckung, mee et ass kloer, dass de Legislateur an allegueren déi Leit, déi dat Gesetz hei stëmmen, kloer soen: „Dat do geet am kulturelle Lëtzebuerg net! Dat do geet net bei eis an der Gesellschaft!“ Well d'Strofrecht ass jo en Ausdruck vun där Moral a vun deene moralesche Wäerter, déi eng Gesellschaft sech setzt, an deem Fall de Legislateur. Dat kënnen mer also ausdrécklech ënnerstëtzen.

Gradewéi mer och kënnen ënnerstëtzen, dass et als erschweerende Tatbestand ugesi gëtt, wann ech eng sexuell Handlung hunn net méi mat enger Persoun, déi manner wéi eelef Joer al ass – well dat ass de System, deen elo zënter zwielef Joer a Kraaft ass –, mee mat enger Persoun, déi manner wéi 13 Joer al ass.

Dann hu mer laang diskutéiert iwwert déi sougenannt „Preskriptioun“, dat heescht d'Verjärungsfristen. Ech soe ganz éierlech: Mir selwer als Fraktioun hate meerheetlech op deem Punkt ëmmer eng aner Approche. Firwat? Mir sinn dervun ausgaangen, dass eng gewësse Proportionalitéit misst bestoen zwëschen Akten, déi um Niveau vu Sexualtäter bestinn, an zum Beispill anere Akten, wéi e Mord. Dat ass eppes, wat ee juristescht muss vläicht och ënnerschiddlech bewäerten.

Ech soen awer ganz kloer, dass mir derhannert stinn, dass déi Verjärungsfristen, éischters, verlängert goufe fir eenzel Akten um Niveau vu Sexualstrofdoten an dass se och, och wann dat vläicht an engem classesche juristesche Verständnis ..., et si jo eng Rei vu eeleren Affekten hei ..., fir ze soen: „Hunn ech op eenzelnen Akten eng Impreskriptibilitéit? Dat heescht, hunn ech eng Verjärungsfrist, déi eigentlech ni kann erfalen?“ Ech soe kloer: An eiser Fraktioun sti mir eent zu eent derhannert, dass, wann

ee Sexualstrofdoten géint Mannerjäreg mécht vun enger gewëssener Gravitéit, do keng Preskriptioun méi ka spillen, dass déi och kann iwwer 30 Joer erausgoen. Mir stinn als CSV eent zu eent do derhannert. An dat ass jo och net bei eis en Eenzelfall. Ech mengen, et gëtt och en Ëmdenken a ganz villen Nopeschlänner – notament a Frankräich ass dat komm. An ech mengen, duerfir wier et net richtig, wann ee sech hei géif classesch Prinzipie vun der Strofrechtsprozedur zu eege maachen, fir ze soen: „Mee dat do kann net sinn!“

Well et ass jo esou, dass eng Sexualstrofhandlung – an dat ass eigentlech de sprangende Punkt – beim Affer eng extreem Blessur hannerléisst an d'Affer, besonnesch wann et mannerjäreg ass, dat vläicht a sengem mannerjäregen Alter guer net zu 100 % erfaasst an zweetens, dass et an de Joren no senger Majoritéit guer net de Courage huet – opgrond, zum Beispill, vu familiäre Lienen, zum Beispill opgrond vun engem Lien, deen et mat dem Täter huet; ech hu virdru gesot, dass 80 % vun de Mannerjäregen hiren Täter selwer kennen –, fir dat matzedelen. An d'Madamm Arendt huet mat Recht dorobber higewisen, och vläicht aus hirer Kenntnis aus hirem fréiere grouse Sportlerliewen, dass ...

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Net just am Sport, Här Roth, net just am Sport!

M. Gilles Roth (CSV) | Net just am Sport, mee och am Sport!

... et do kann ënner Leit, déi eigentlech – ech soen – e Verhältnis hunn, wou se enger Persoun ënnerstinn ..., well déi net de Courage hunn, aus engem Leeschtungsdrock oder engem aneren Drock eraus, fir dat ze denoncieren, an duerfir fanne mir dat richtig.

An dat hei geet extreem wäit, an ech mengen, dat muss ee ganz kloer soen: De Charles Margue huet drop higewisen, dass an eenzelne Situatiounen hei Leit bis zu hirem 48. Liewensalter kënnen Denonciatiounen maachen. Jiddweree weess, natierlech mat alle Progrèsen, déi um Niveau vun ADN an aneren Investigatiounsmethoden komm sinn, dass et, wat et méi laang dauert, ëmmer méi schwierig ass, fir déi Strofdoten nozeweisen. Op jidde Fall, hei priméiert dann den Afferschutz virun der normaler Strofprozessuerdung.

Ech kommen zum Schluss an op e leschte Punkt: dass d'CSV sech derfir agesat huet, dass déi sougenannte Clause „Roméo et Juliette“ géif an deem Text hiren Afloss kréien. Ech explizéiere mech och. D'Fro ass déi: Et ass eigentlech de Prinzip mat deem neie Gesetz, dass, wann een eng Relation sexuelle huet mat enger Persoun, gläich welleche Geschlechts, déi manner wéi 16 Joer huet, dass dat presuméiert ass, also ugesi gëtt wéi eng Vergewaltung.

Dat kann natierlech zu Situatiounen féieren – dat muss mer soen –, dass – e classescht Beispill an engem Lycée – „consentant“, dat heescht mat der Awëllegung, eng Persoun vun 18 Joer – ech soen –, déi op 2^e ass, mat enger Persoun vu 14 Joer eng Relatioun huet, well se einfach eng Léift ee vis-à-vis vun deem anere verspiere. Dat ass keen Eenzelfall. Stellt Iech elo mol just vir, dass e Professor oder eng Léierpersoun, déi an deem Lycée ass, dat gesäit. Déi weess, dass déi zweet Persoun manner wéi 18 Joer huet. Da misst déi eigentlech eiser Strofprozessuerdung no opgrond vum Artikel 23 vum Code de procédure pénale dat dem Parquet matzedelen – woubäi déi zwee eng Léift vis-à-vis vunene verspiere. Dir kënnt Iech jo virstellen, zu wat dat féiert: éischters den Drock, deen op dem Corps enseignant läit, den Drock, deen op der Direktioun läit, den

Drock, deen op den Eltere vun deem engen a vun deem anere läit, a virun allem den Drock, deen op deenen zwee jonke Leit läit.

An de franséische Justizminister, den Här Dupond-Moretti, den Homolog also vun der Madamm Tanson, deen huet gesot, dass se net wëilten den „amour consentant entre adolescents“ penalisieren. An ech mengen, dat ass och eppes, wou mer e gudde Kompromëss fonnt hunn. A Frankräich dierf deen Altersënnerschied net iwwer fënnf Joer sinn. Mir sinn eis eens ginn, loosse mer soen, op véier Joer, an ech fannen, dass dat eng rasonabel Approche ass. Wichteg ass fir eis als CSV virun allem, dass déi Clause Agank an eis Gesetzgebung fonnt huet. An et ass jo net, wéi mer dat einfach elo sou erfonnt hätten, mee de Charles Margue huet mat Recht dorobber higewisen, dass déi international Konventioun vu Lanzarote och d'Sensibilitéit vun deene Memberstaaten, déi dat ënnerschriwwen hunn, muss ënnersträichen.

Duerfir, Dir Dammen an Dir Hären, et ass e wichteg Gesetz. Ech hoffe just, dass déi Tragweid op eng einfach a verständlech Aart a Weis de Leit bei eis am Land matgedeelt gëtt, well et ass och net gutt, wa mer hei an der Chamber Strofgesetzgebung stëmmen, wou d'Leit herno soen: „Merde, dat do, dat woussst ech net!“ Dat muss een einfach esou soen, an ech mengen, et wier gutt, wann een, egal wien an enger nächster Regierung Verantwortung dréit, op eng einfach Aart a Weis de Leit déi Haaptbestëmmung vun deem Gesetzesprojet hei géif matzedelen.

Op jidde Fall kënnen mir dat hei eent zu eent ënnerstëtzen, an duerfir ginn ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann.

Mme Carole Hartmann (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop wëll ech dem Rapporteur Charles Margue villmools Merci soe fir säi ganz ausféierleche schrëftlechen, awer – an ech schlësse mech do mengem Virriedner un – och mëndleche Rapport. Villmools merci dofir. Sexuelle Mëssbrauch a Vergewaltung kënnen iwwerall passéieren. Et ass net ëmmer de Friemen an der donkeler Gaass. Ganz oft ass en Täter eng Persoun, déi dem Affer nusteet, eng Vertrauenspersoun, jo, souguer e Member aus der eegener Famill.

Mam Text, dee mir haut wäerte stëmmen, stärke mir eist Gesetz bei sexueller Mëssbrauch, ganz besonnesch bei Mannerjäregen. Den aktuelle legale Kader gëtt mat de Modifikatiounen vum proposéierten Text un dat europäesch Recht an un d'Konventioun vu Lanzarote souwuel technesch wéi och juristescht ugepasst.

Ugefaange mat enger Ännerung an der Terminologie, wou den Terme „attentat à la pudeur“ duerch „atteinte à l'intégrité sexuelle“ ersat gëtt. Op den éischte Bléck ass et just eng kleng semantesch Ännerung, mee et ass eng wichteg Ännerung, déi den Affer an deem, wat tatsächlech passéiert, Rechnung dréit. Wat attackéiert gëtt, ass net d'Pudeur, d'Sittlechkeet, déi als Moralbarometer an eiser Gesellschaft funktionéiert. Mam Terme „intégrité sexuelle“ erfaasst den neien Text déi betroue Persoun, den Individuum, deen duerch eng Atteinte vun engem aneren zum Affer gëtt.

Mir sinn och frou, dass de Consentement, also d'Awëllegung bei Geschlechtsverkéier, mat deem neien Text kloer definéiert gëtt. Als ee

vun den Hauptfacturen ass et d'Awëllegung, déi den Ënnerscheed mécht tëschent gewolltem Geschlechtsverkéier an engem Viol. Dofir si mir frou, dass dëse Projet dee Prinzipp elo detailléiert definéiert an d'Krittären an der Jurisprudenz zu dësem Sujet och berücksichtegt. D'Awëllegung muss aus fräie Stécker sinn an dierf net mat Hëllef vun Drock, Gewalt oder Menacen erzwonge ginn. An och: Näscht ze soen, ass kee Consentement!

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, besonnesch frou si mer, dass et elo méi kloer a méi schwéier Strofe gëtt fir déi eenzel Infraktiounen. E Viol ass net méi rigid definéiert just duerch en Akt, wou en Täter sech un enger Persoun vergräift. Och aner Doten – wéi beispillsweis, wann e Mënsch gezwonge gëtt, beim Auteur eppes ze maachen, bei enger Drëttpersoun, oder och déi oder sech selwer ze mësshandelen – sinn elo am Code pénal als eegestänneg Infraktioun opgehol. Alles dat sinn Ateinten op déi sexuell Integritéit a mussen och bestrooft ginn.

Grad Kanner lafen hei e besonnesch grouse Risiko. Besonnesch Kanner verstinn an esou engem Fall net ëmmer, wat mat hinne passéiert. Si verstinn net, dass dat, wat mat hinne geschitt, net richtig ass. Si verstinn net, dass si e Recht hunn, Nee ze soen. Si erlieden eventuell e Loyalitéitskonflikt, well déi Persoun, déi hinnen dat undee, eng Persoun ass, déi hinnen noster bei där si sech eigentlech wuel fillen.

A genau dowéinst ass et och esou wichtig, dass de Viol an dësem Text ganz kloer definéiert ass an dass och d'Konditioun vum der physischer Resistenz, d'Tatsaach also, dass ee sech muss gewiert hunn, well et soss net géif zielen, elo mat dësem Text eliminéiert gëtt. Kleng Kanner wiere sech net! Kleng Kanner kënnen sech och net wieren. Si fannen e Wee, fir mat deem, wat mat hinne passéiert, ëmzegoen, mee fréier oder spéider realiséiere si, wat geschitt ass a si bleiwe fir hiert Liewe gezeecht.

Wéi schonn e puermol ugedeit, kommen d'Täter och aus dem Krees vum der Famill oder aus dem noe Verwandtekrees. Et ass dofir nëmme richtig, dass, éischters, d'Lëscht vun de Persounen bei Inzest erweidert ginn ass, well grad am enke Familljen- a Verwandtekrees d'Kanner besonnesch vulnerabel sinn, an zweetens, dass den Inzest elo net méi just als „circonstance aggravante“, mee als eegestänneg Infraktioun definéiert ass.

Fir d'Gesetz der haiteger Zäit unzepassen, war et och wichtig, d'Altergrenze bei sexuelle Kontakter ze adaptéieren. 16 Joer soll hei kloer d'Grenz bleiwen, woubäi mir natierlech och wëssen, dass 16 Joer haut net méi de Realitéiten entsprécht. Fir eis Kanner trotzdem ze schützen a fir och ze evitéieren, dass sech Jonker strofbar maachen, obwuel e Kontakt op fräiwëlleger Basis passéiert, erméiglecht déi sougenannt „Romeo-et-Juliette-Klausel“ eng gewëssen Toleranz. Dës Klausel verhënnert, dass sech jonk Mënschen duerch e béidsäiteg gewollte sexuelle Kontakt automatesch zu Stroftäter maachen. De Rapporteur hat et virdrun erkläert: 13 Joer soll dobäi déi absolut Limit bleiwen.

A verschiddene Länner wéi Frankräich oder Kanada gëtt dës Klausel schonn applizéiert. Si gouf och vill diskutéiert. Argumenter géint dës Klausel ware beispillsweis, dass een d'Victimme fragiliséiert an d'Täter protegéiert. Hei ass et wichtig, nach eemol ze rappeléieren, dass virop ëmmer de Consentement als Facteur muss mat abezu ginn. Argumenter fir dës Reegelung si fir d'éischt emol d'Realitéit vu Relatiounen tëschent Jugendlechen, zum Beispill zwee Jonker vu 16 an 18 Joer, wou de jonken 18-Järeg Poursuite riskéiert huet a wou et och zu Verurteilung mat all

senge Konsequenzen op de Casier an domat och op d'Zukunft vun de Concernéierte komm ass.

Zu Poursuitten ass et och emol komm, wann Eltere mat der Beziéung vun hirem Teenager net averstane waren a wou da probéiert ginn ass, iwwer stroferechtlech Poursuitten dës Beziéung ze ënnerbannen. Mat der Romeo-et-Juliette-Klausel droe mir dësen Deriven an a priori net fondéierte Poursuite Rechnung an erlaben deemno och enger jonker Koppel, eng fräi an net strofverfollegbar sexuell Relatioun ze hunn.

Här President, ech komme bei d'Verjürungsfristen. Als DP war et ons nach ëmmer wichtig, d'Verjürungsfrist bei enger Vergewaltung ze verschäerfen. Mir si frou, dass mat dësem Text éischt Adaptatiounen an déi Richtung gemaach ginn. Ze vill Affer verbleiwen aktuell ouni Mëttel, fir juristesche géint en Täter virzegoen, dat just, well si net direkt iwwert dat, wat passéiert ass, wollten oder konnte schwätzen. Dofir ass et elo mol an e puer prezise Fäll, a besonnesch bei Mineuren, wichtig, dass d'Verjürungsfrist ugepasst oder och ausgat gëtt.

Och dass se eréischt ab der Volljäregeket ufänkt mat lafe mécht e groussen Ënnerscheed. Ech géif gär d'Bezirksgeriicht aus der Stad zitéieren, dat gesot huet, dass et eng Form vu Justizverweigerung fir déi Affer ass, déi, just well en Delai ofgelaf ass, net méi kënnen gehollef kréien.

An awer wëll ech drop hiweisen, dass och Joren no engem Virfall eng Strofdot weider muss erwise sinn, fir dass et zu enger Poursuite an och zu enger Verurteilung kënn. Dëst ass e wichtige Rechtsprinzip, deen och hei bei Viole muss agehale ginn. Sécherlech ass et 20 bis 30 Joer no engem Fait méi schwéier, fir dës Fäiten och ze beweisen. Op d'mannst kënnen mer hei assuréieren, dass d'Affer sech potenziell, well se net méi fréi wollten eppes soen, dann nach kënnen bei de Justizautoritéite mellen.

Här President, sexuelle Mëssbrauch passéiert net méi just dobaussen, sexuelle Mëssbrauch an all senge Formen fänkt deels schonn an der digitaler Welt un, sief dat Mëssbrauch, vun deem Videoe gedeelt ginn, sief dat Netzwierker vu Pedophiler, déi sech d'Bild- a Videomaterial deelen, sief dat erwuesse Persounen, déi an Chatraim fir Kanner a Jugendlecher duerch de sougenannte „Grooming“ déi Jonk ganz cibléiert approchéieren, se manipuléieren, se eventuell online ënner Drock setzen, oder, schlimmer nach, se derzou beweegen, sech an der echter Welt mat hinnen ze treffen, fir si dann do ze mësshandelen, ze mëssbrauchen oder ze vergewaltigen.

Wéinst all dësem begrësse mir als DP, dass den neien Text net an der reeller Welt ophält, mee dass säi Champ d'application sech och iwwert déi digital Welt erstreckt. Domat kënnen och d'Verschëcken, de Verkaf, den Tosch an d'Konsultatioun vun aggressivem Material, wou Kanner mësshandelt, mëssbraucht oder vergewaltigt ginn, poursuivéiert a bestrooft ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen, zu gudder Lescht bleift nach ze soen, dass nieft de méi strenge Gesetzer virun allem eppes wichtig bleift, an dat ass d'Prevention an d'Sensibiliséierung. Wann eppes passéiert an den Täter gëtt poursuivéiert an da bestrooft, dann ass dat richtig esou. Wann awer vun Ufank un näscht passéiert, dann ass dat weesentlech besser. Dat gëllt fir eis Mannerjäreg, mee dat gëllt awer och fir alleguerten déi aner Affer.

Mee fänke mer bei de Kanner un. Si müssen haapt-sächlech sensibiliséiert ginn. Si mussen wëssen, dass si net eleng do stinn, wann esou eppes mat hinne geschitt, dass Mënschen do sinn, déi hinnen zur Säit stinn, dass si sech net brauchen ze schumen,

mee datt si oppe kënnen schwätzen. Dofir ass et och wichtig, op déi eenzel Servicer, déi aktuell am Land existéieren, hinzewiesen, ënner enere d'Aide aux victimes, den UMEDO, natierlech d'Police, awer och de Kanner-Jugendtelefon. Alles dat, an et gëtt och nach eng Rei anerer, sinn Ulaustellen, wou een Hëllef ka kréien a wou een och net zécke soll, sech Hëllef ze froen, well genee dofir si se do.

An och fir d'Täter oder d'potenziell Täter gëtt et Plazen, wou si no Hëllef kënnen froen, wa si mierken, datt si potenziell Strofdote kéinte begoen a sech am Virfeld dovunner Assistenz an Hëllef wëlle sichen, fir notamt Schlimmeres ze vermeiden.

Dëst gesot, Här President, maache mir mam Projet, deen elo zur Ofstëmmung kënn, eng wichtig Avancée am Beräich vun der Repressioun vum Abus sexuel. Als DP si mir frou, dëst Gesetz haut hei dierfe matzestëmmen.

An deem Sënn soen ech Iech Merci fir d'Nolauschten an ech ginn den Accord vun der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Hartmann. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm Ministesch, de Projet de loi, iwwert dee mer haut hei befannen, dee gouf – an de Rapporteur huet et virdrun eng gesot, dofir soen ech och vun dëser Plaz aus nach eng Kéier e ganz, ganz grouse Merci fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport – am Januar 2022 vun der Ministesch presentéiert.

Sexuell Gewalt an der Form vun Ausbeutung, Mëssbrauch, Vergewaltung, Mutilatioun, Versklavung, Inzest, och vis-à-vis vu Mineuren, si schrecklech Akten, déi de Mënsch scho säit Joerhonnerten u sengesgläiche begeet. An dat fënn en och ëmmer méi a ganz oft, dat ass schonn e puermol ugeklungen, an engem ganz enke respektiv bekannte Kader, wou et stattfënn.

Wat awer ass: Et si mënschenonwierdeg Doten, a wat se gemeinsam hunn, ass, dass se u Kanner begaange ginn, u Persounen, déi sech an enger Lag vu kompletter Vulnerabilitéit befannen. Kanner si sech net ëmmer bewosst, wat grad mat hinne geschitt, wa se an där Situatioun sinn, oder souguer wann, kënnen si sech net ëmmer wieren, oder sinn net esou vertraut mat där Persoun; oder si sinn esou vertraut mat där Persoun, dass si net verstoe kënnen, firwat si iwwerhaupt dëse Schratt mécht, a kënnen sech net wieren.

Iwwerall gëtt et Fäll vun erwuesse Persounen, déi sech u Mannerjäregen op déi eng oder aner Aart a Weis vergräifen, an der Famill, am Sport, a Veräiner, a Kriecher, an Institutionen – et ass virdrun vun der Kierch geschwat ginn, mee awer och an Institutionen, déi eng gewëssen Opsichtspflicht vis-à-vis vu Mineuren hunn, Foyeren –, um Internet an och an der digitaler Welt.

De Rapporteur ass virdrun op verschidde Situatiounen agaangen, den Här Roth huet vum kulturelle Kontext geschwat. Et sinn awer ganz oft Situatiounen, wou Muecht ausgeübt gëtt, Muecht vis-à-vis vu Jonken, Muecht, déi vis-à-vis vu Jonken zum Ausdrock bruecht gëtt, eng Muechtausübung an eng Stärkt, déi een an enger Muechtpositioun huet als Erwuesse vis-à-vis vun enger Persoun, vun engem Mineur. A manerjäreg Persoun ginn esou zum Zil, well se eng méi schwach Positioun hu par rapport zum Erwuesse an déi schwach Positioun kann ausgenotzt ginn. An d'Grënn dofir sinn divers a jiddereen huet schonn esou Situatiounen matkritt.

Wann een op d'Zuele kuckt, där sinn der och genannt ginn: Hei zu Lëtzebuerg sinn am Joer 2020 77 Fäll vu Belästegung u Mannerjärege festgestallt ginn, 2021 waren et 48 Fäll vun Abus sexuel u Persounen. Dës Zuelen, déi ginn aus dem Justizrapport ervir, an natierlech gëtt et och eng Donkelziffer, déi do ass. An dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, kann dozou hëllefen, dass déi Donkelziffer ofhëlt, wann deem-entsprechend Plaintë gemaach ginn. Dat nieft dem ganze Volet vun der Preventioun, dee wichteg ass, an engem institutionelle Kader, deen och muss gemaach ginn, ob dat an enger Maison relais ass, ob dat am Foyer ass, ob dat a soziale Servicer ass, ob dat an de Schoulen ass. Ech mengen, och do hunn d'Acteuren eng ganz wichteg Roll.

Wann een de Rapport kuckt, kann een awer och, mengen ech, liesen, dass d'Justiz agéiert. Et goufen och eng ganz Rei Leit, ëm déi 40, zu engem Sursis verurteilt, well se kannerpornografesch Material haten. Ech mengen, dat si Faiten, déi bestrooft ginn. Dat weist also, dass et insgesamt vill verschidde Formen vu sexueller Gewalt an Ausbeutung vu Mannerjärege gëtt. An natierlech, wat d'Zuelen ugeet, do kann een och noliessen, dass den ECPAT a sengem Rapport och seet, dass mer nach méi Statistike brauchen, respektiv den OKaJu fuerdert dat och, grad eeben, fir dass een dat och wëssenschaftlech nach méi kann opschaffen. Ech mengen, dat ass och e Volet nieft der Preventioun, der Repressioun, dass een déi Donnéeën huet, fir där Aarbecht den néidegen Terrain kënne ze ginn.

Am Fong, wéi ech virdrun erwänt hunn, gëtt et verschidde Formen vu sexueller Gewalt vis-à-vis vu Mënschen. Dat heescht, dass e Verbriche ka geschéien – an deem droe mer effektiv hei och Rechnung – an der digitaler Welt, am Internet, ouni kierperleche Kontakt, oder awer mat kierperlechem Kontakt, wann et an der realer Welt ass. Sexuell Gewalt kann deemno och ouni kierperlech Beréierung stattfannen. Dat kann zum Beispill sinn, wann eng erwuesse Persoun engem Mannerjäregeen obszön Messagë schreift, déi den Empfänger absolutt guer net wëllt hunn.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

An d'Cour supérieure huet och an hirem Avis op d'Realitéit an d'Geféierlechkeet vun den neien Technologie ganz kloer higewisen an ënnerstrach an och richtig fonnt, dass mer deem och deementsprechend hei Rechnung droen. An d'Konventioun vu Lanzarote ass e puermol genannt ginn iwwert de Schutz vun de Kanner géint déi sexuell Ausbeutung an de sexuelle Mëssbrauch, an och deem droe mer hei Rechnung.

D'Notioun vun Averständnis, Här President, dozou kommen ech, gëtt och ganz genee a prezis hei definiert. D'Averständnis ass wuel eent vun de wichtegsten, wann net souguer dat wichtegst Element, fir en Akt als Abus sexuel ze qualifizéieren. An do ass och d'Jurisprudenz mat agefloss. Am aktuellen Text ass virgesinn, dass d'Averständnis net nëmmen implizitt, mee och explizitt muss sinn an deene verschiddene Situatiounen. Effektiv ass dat eng fundamental Ännerung, well een d'Averständnis elo muss kloer a komplett fräi äusseren.

Mee wat och nei ass a wat och gutt ass, ass, dass d'Averständnis zu all Moment kann entzu ginn. Et ka virun allem virun der sexueller Handlung an och während der sexueller Handlung entzu ginn. An dat bitt natierlech dem Mannerjäregeen esou vill Schutz wéi méiglech. Den Nee ass wichteg a soll och zu all Moment geäussert ginn, wann et dem Mannerjäregeen dono ass.

Wat hei och positiv ass an den Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten, ass, dass d'Klausel vum Romeo et Juliette matagefloss ass. An eisen Nopeschlänner, an der Belsch an a Frankräich, hu mer se, meng Virriedner sinn drop agaangen. Et mierkt een, dass mer eis do e bësse par rapport zu de Benelux-Länner géeneegt hunn, wat d'Durée ugeet, véier Joer, dräi Joer, respektiv a Frankräich fënnf Joer.

Fir datt esou e Fall ka legal sinn, falls et an engem géigesäitegen Averständnis geschitt, ass dës Klausel agebaut ginn, dat heescht, dass et en Alterscheed vu bis zu véier Joer ass, an et versteet sech awer och vum selwen, dass dës Klausel sech just dann applizéiert, wann och en Averständnis tëschent deenen zwou Persounen virläit.

A wann ech den Titel hei zitëiere vun enger gréisserer Dageszeitung, do war och en Interview mat der Justizministesch, wou och kloer erauskënnt, dass een d'Leift tëschent Jugendlechen net soll kriminaliséieren. An ech mengen, deem droe mer ganz kloer hei Rechnung, well de festgehalene Alter vun 13 Joer ass natierlech och deckungsgläich mam Projet de loi 7991 iwwert d'penal Responsabilitéit vun de Jugendlechen, déi och op 13 fixéiert gouf. Bon, dee Gesetzesprojet ass nach e Gesetzesprojet, e gëtt haut hei nach net ofgestëmmt, mee op alle Fall, mengen ech, ass et deen, un deem sech orientéiert gouf.

Ech hat virdru vun der partikularer Vulnerabilitéit, Verletzlechkeet vu Mannerjärege par rapport zu Erwuesse geschwat. An dofir ass och dee semantesch Switch, dee gemaach gëtt, vum „attentat à la pudeur“ op en „attentat à l'intégrité physique“ (veuillez lire: „atteinte à l'intégrité sexuelle“), wou dat am Fong méi breet ausgeluecht gëtt, mee fir effektiv méi prezis a kloer ze sinn; et soll elo jiddweree säi Recht op sexuell Integritéit an och op sexuell Selbstbestëmmung hunn. An dorëms geet et, well genee dës Integritéit gëtt jo verletzt, wann een als Affer sexuell belästegt gëtt. Ausserdeem ass dës sexuell Selbstbestëmmung fort, well d'Affer net selwer bestëmmen kann, wat geschéie soll an esou am Fong dat verléiert, wat him am wäertvollsten ass: Selwer bestëmmen, wat et wëllt, awer virun allem och kënne bestëmmen, wat et net wëllt.

Déi ugeschwat Notioun vun dem „attentat à la pudeur“ ass effektiv och an eisen Nopeschlänner ugepasst ginn. An ech mengen, hei geet et generell ëm den „intérêt supérieur“ vum Kand, an dofir ass och déi méi breet Ausleeung ganz wichteg.

Här President, méi wäit wéi d'Gravitéit vun der Belästegung geet awer d'Vergewaltung vir. An dës Form vu sexueller Gewalt ass u sech elo hei an dësem Gesetz méi kloer festgehalen gi wéi bis elo, virun allem, wann et effektiv ënner Gewaltmenacé geschitt an och weinst verschiddenen Interpretatiounen, wat d'Notioun vu sexueller Penetratioun ugeet, déi verschidde Formen kann hunn. Ech mengen, och deem ass hei am Gesetz Rechnung gedroe ginn.

Am nammlechte Kontext gesäit den Text awer och déi inzestuéis Vergewaltung vir. Den Inzest gëtt eng eegestänneg Infraktioun. Ech mengen, déi ganz Situatioun ronderëm deen Inzest ass och an d'Effentlechkeet geroden 2021, mat der Publikatioun vum Buch „La familia grande“ vum Camille Kouchner, dem Bernard sengem Meedchen, wat vu sengem Stéifpapp vergewaltet gouf. Déi ganz Geschicht ass opkomm, an deementsprechend ass an deem dote Kontext och a Frankräich d'Diskussioun opkomm.

Ech hat och am Kader vun enger Question parlementaire d'Justizministesch gefrot, ob een net sollt op dee Wee goen hei zu Lëtzebuerg, dass den Inzest

net nëmmen eng Circonstance aggravante ass an och bleiwe soll, mee wierklech eng Infraction à part entière soll ginn. An ech mengen, et ass och ganz gutt, dass mer deem haut hei am Haus kënne Rechnung droen.

An natierlech schreift dat hei sech och an an d'Konventioun respektiv an d'Recommandatiounen vun der Konventioun vu Lanzarote. Dës Verbriche ass just fir Mineurë virgesinn an nëmmen, wann den Akt duerch en Elterendeel geschitt, en natierlechen Elterendeel oder awer en adoptiven, oder duerch all Persoun an direkter Linn, effektiv bis den drëtten Grad, wou en ofstaamt. Mee mir hunn, wéi gesot, dat méi breet opgemaach, well et och all Persoun betrëfft, déi eng Vertrauenspositioun par rapport zum Mineur huet an déi Vertrauenspositioun dann och mëssbraucht.

De leschte Punkt, dat sinn d'Preskriptiounen, och deem droe mer hei Rechnung. Ech mengen, et sinn eng Rei Artikelen, wou d'Preskriptioun, d'Verjährungsfrist, op 30 Joer gesat gëtt, notamment, bon, d'Verstümmelung vu weibleche Genitalien – och dat ass nach eng Realitéit, och wann net vill drüwwer geschwat gëtt – awer virun allem och beim Viol incestueux, mengen ech, wou d'Imprescriptibilitéit och ganz kloer bleift. Ech mengen, trotz den Avisen, déi virlochen an zimmlech skeptesch waren – notamment och vun de Geriichter –, weise mer awer och hei politesch Courage, fir deem hei och ganz kloer kënne Rechnung ze droen, och wa sech bei där Diskussioun a bei deenen Avisen erausschiet, dass um Niveau vun der Echelle vun den Infractiounen dat effektiv deementsprechend sollt demeséiert sinn.

Zum Ofschluss, léif Kolleeginnen a Kolleegen: En net agewëllte sexuellen Iwwergrëff an engem jonken Alter matzemaachen, jo, dat kann eng Persoun, dat kann e Mënsch veränneren. Dee mierkt dat vläicht net direkt, mee dee mierkt dat iwwer eng gewëssen Zäit. An ech mengen, et ass d'Obligatioun vun eis als Gesellschaft, als Erwuessener, och op d'Kanner opzepassen a si och ze schützen!

An ech mengen, dofir ass et, nieft dem Fait, dass eng ganz Rei Servicer ..., awer och wichteg, sou wéi d'Justiz et op hirem offizielle Site och schreift, dass een all sexuelle Mëssbrauch direkt soll signaliséieren, direkt soll denoncéieren. An ech mengen, et ass un eis – et ass un eis! –, ze hëllefen an Aen an Oueren ze sinn, déi weider och opzehalen, déi net, effektiv, zouzehalen, falls mer och eppes matkréien, an och Verständnis ze hu fir d'Affer, hinnen och mat Empathie ze begéien, si och ze ënnerstëtzen, och wa se no Joren eréischt eng Plainte maachen, well se dann zu deem Moment realiséiert hunn, wat geschitt ass, an och prett sinn, wierklech dann och dee Schrott ze maachen, fir méi wäit ze goen an och hir Verletzung, déi se hunn an déi si a sech droen, deementsprechend zum Ausdrock ze bréngen – well si sinn net Schold un dem, wat mat hinnen als Mannerjärege geschitt ass!

An aus all deene Observatiounen eraus, ginn ech zu där neier Reform, déi mer hei maachen, och den Accord vun eiser LSAP-Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem Här Biancalana. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, wannechgelift.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass wierklech e Sujet, deen un ee geet, dat heien. Et ass en extreem, a priori, emotionale Sujet. Ech mengen, den Här Margue a senger Virstellung huet praktesch fënnf Minutte laang en emotionalen Discours gehal,

fir eeben och ze weisen, wéi et hien trifft, mee dat trifft eis och alleguer, well dat doen eppes ass, de Mëssbrauch vu Mannerjärege, wat an eiser Gesellschaft an iwwerhaupt néierens eng Plaz huet. Ech mengen, dat ass ganz, ganz evident!

Wa mir eis also elo hei awer mat deem Projet ausenesetzen, maache mer dat ganz kloer och an engem Souci vun Objektivitéierung a rationaler Approche, well ech mengen, wa mer am Strofrecht hei schwätzen, musse mer all déi Aspekter och matberücksichtigen. An et ass net onbedéngt politesche Courage, wéi mäi Virriedner et elo gesot huet, deen aleng hei soll zielen, mee och d'Urteiler, also den Avis vun de Gerichter, vun de Justizinstanzen a sou Rechtsprinzipie wéi d'Présomption d'innocence an d'Recht op e faire Prozess an engem normalen Delai. Alles dat si Prinzipien, déi trotz all deem, wat et emotional bei eis kann ausléisen, awer net sollen an net däerfe vergiess ginn. Et ass wichteg, dat mer déi Prinzipien, déi de Rechtsstaat eeben ausmaachen, och an esou enger schwieriger Matière erhalen.

Elo sinn déi verschidden Aspekter hei ... Ech probéieren, dat e bëssen ze schematiséieren, wat mer elo héieren hunn. D'Verschäerfung vun de Sanktiounen ass en éischt Element, wat jo hei ervirgehuewe gëtt, an do wëll ech soen, datt de Parquet, de Parquet général an de Parquet vu Lëtzebuerg an dee vun Dikrech, gesot hunn, „les [auteurs] estiment que l'augmentation drastique des peines proposée par le projet [de loi] est exagérée.“ Si vergläichen dat mat anere schlëmme Saachen, wéi dem Homicide volontaire, zum Beispill, a kommen zur Konklusioun: „Ils [...] considèrent que la gravité des infractions sexuelles n'est pas proportionnelle aux peines proposées.“ Dat ass scho ganz wichteg, well, wéi gesot, hei mécht een den Ënnerschied tëschent där emotionaler ..., dem Entsatz-sinn, wat mer alleguer deelen, an awer och dem Verglach mat aneren extreem schlëmme Saache wéi dem Homicide, wou e Mënsch derbäi stierft, an do sollt dann awer eng Proportionalitéit respektéiert sinn.

D'Verjärungsfristen waren en aneren Delai, eng ganz komplizéiert Matière, well mer jo wëssen, datt d'Verjärungsfristen net ëmsoos do sinn. Dat ass einfach bedéngt, well d'Gedächtnis mat der Zäit noléisst, well einfach d'Beweisféierung ëmmer méi schwéier ass. An et ass och net vun ongeféier, datt d'Madamm Procureur, Première avocate générale vun Parquet, den 28. Januar gesot huet: „Wat d'Ophiewung, d'Verlängerung vun de Verjärungsfristen ugeet, däerf een eppes net vergiessen: Mir hunn d'Charge de la preuve no 30, 40 Joer – wat solle mir do maachen? D'Gedächtnis ass eppes, wat mat der Zäit noléisst. Fir zu enger Condamnatioun ze kommen, dat wäert fir eis ganz schwéier ginn“, an esou weider. Also, och do seet dann de Parquet, d'Cour supérieure de justice an anerer, datt dat esou einfach net geet. D'Cour supérieure de justice seet och nach: „Il s'y ajoute, pour ce qui est de l'imprescriptibilité de l'action publique proposée, qu'à l'heure actuelle, seuls les crimes les plus graves, à savoir les crimes contre l'humanité, bénéficient de ce principe.“ Mir géifen hei also e sexuelle Mëssbrauch vun engem Mënsch – wat ganz schlëmme ass! – awer u sech, wat d'Verjärungsfristen ubetrëfft, gläichstelle mat de Crimes contre l'humanité, wéi Krichsverbrieche an esou weider.

Dann ass de Parquet général ..., an och d'Parquete soen, datt déi Theorie vun der Amnésie traumatique, déi och hei e Virriedner zitéiert hat, ganz contestéiert ass. Et ass sou – ech hat mech och an der Zäit do interesséiert fir déi Literatur an den USA, notamment no iwwert Therapien –, do gouf et grouss Polemiken iwwert déi Mémoire fabriquée, datt Leit

bei e Psycholog gaange sinn an dann ass herno gesot ginn: „Jo, déi Problemer aus dengem Liewe stamen aus engem verdrängte sexuelle Mëssbrauch“, dann ass et zu Prozesser komm. Also, do muss ee ganz gutt oppassen, wat do alles geschitt.

An dann ass eng aner Observatioun an deem Kontext och gemaach ginn, wou de Ministère public ... „Les membres soussignés du ministère public se demandent si l'imprescriptibilité ou l'allongement des délais de prescription“, also déi praktesch onendlech Ausdeenung vun der Verjärungsfrist, „ne contrevient pas l'article 6 de la Convention européenne des droits de l'Homme, qui garantit le droit à un procès équitable dans un délai raisonnable.“ Dat ass eng absolutt berechtigt Fro, well och dat ass e Grondprinzip vun eisem Rechtsstaat.

Da kommen ech zum Inzest. En Inzest, dat ass elo ..., dat huet jo u sech eng biologesch Basis, datt dee verbueden ass, well eeben duerch inzestuös Relatiounen ... Iwwert d'Moral, keen Zweifel, dat ass absolutt net ze akzeptéieren, och wann et vläicht an eenzele Kulturen do anescht gesi gëtt. Mir schwätzen elo hei fir eist Land, fir eis Kultur, dat ass net ze akzeptéieren! Mee den Ursprung, firwat den Inzest net akzeptéiert ass, ass och biologesch motivéiert, well et einfach dann zu enger héijer Zuel vu geneeteschen Deformatiounen ka kommen.

An dofir ass et schonn ze hannerfroen – och wa mer da vollkommen d'accord sinn, dass den Inzest e Fait ass, deen als eegene Fait soll bestrooft ginn a consideréiert ginn –, wéi et am Rapport steet – am Rapport, net am Gesetz selwer –: „Le projet de loi prévoit d'élargir la liste des personnes pouvant être auteur d'un viol ou d'une atteinte à l'intégrité sexuelle incestueuse aux personnes“ ... an da kommen déi, déi eeben e Rapport hu mat deem Kand, déi awer net zur Famill gehéieren. Dat heescht, do ass u sech eng Kontradiktioun: Dir hutt den Ursprung, firwat dat verbueden ass, dat ass e kloer biologesch Rasonement, dee mer absolutt och matdroe kënnen, mee dat Traineren aus dem Sport oder Educateuren an de Foyeren an esou weider an esou virun gläich bestrooft ginn, ass awer eppes, wat u sech der Sënnhaftegkeet vun der ursprüngelecher Dispositioun net onbedéngt entsprécht.

Dat heescht, sécher ass dat – a loosst mech do ganz kloer sinn: Och dat verurteele mer, wa sou Saache geschéien, wa Leit eng Vertrauenspositioun géintiwwer engem Mannerjärege mësbrauchten! – absolutt ze verurteelen, mee fir dat als „incestueux“ ze bezeichnen, ass an eisen Aen einfach faktuell falsch.

De Consentement mutuel ass en zentraalt Element elo. Jo, natierlech, soubal Mannerjäreger concernéiert sinn, selbstverständlech, mee dat weit sech aus an de Beräich vun den Erwuessenen. An do muss een awer soen, do hu mer awer och Deriven an den USA an esou weider, wou mer herno hikommen – ech hu mer dat erausgedréckt –, wou mer herno an eng Situatioun kommen, wou sou Verträge sollen ausgefëllt ginn: „Sexual consent (contract) form“, ...

(M. Fernand Kartheiser montre une documentation.)

... kritt een um Internet. Do sinn dann ..., an 23 Schrëtt kann een dann ausfëllen, mat wat een d'accord ass. Et ass terribel romantesch, wann een owes zesummen iesse geet, an da soll eventuell den Owend e bësse verlängert ginn, da kann een da virun, datt ass da genau beschriwwen, hei e Vertrag ausfëllen mat de Rechter a Flichte vun deenen zwou Säiten, inklusiv „failure to perform“ an esou weider, „early termination“, dat ass bis an de leschten Detail, wéi eng Formen an esou weider ... Dat ass op jidde Fall net dat, wat mir wëllen. Dat ass net déi Relatioun

tëscht erwuessene Leit, déi mir eis virstellen, mee et ass awer schlussendlech d'Konsequenz vun esou Gesetzer, datt déi eng an déi aner sech musse versécheren iwwer hir Rechter – net, datt eng sexuell Begéierung op eemol viru Geriicht lant, mat alle méigleche Reprochen an esou weider! Mir sollen also oppassen, datt dat do net zu enger Iwwerjuridizitéierung vun esou eroteschen oder anere Relatiounen ka féieren.

Dann hu mer eppes, wat mer absolutt begrëssen – dofir stëmme mer och net géint dat Gesetz, trotz alle Kriticken –, dat ass, datt hei d'Lutte contre la pédopornographie verstärkt gëtt. Dat ass jo och, mengen ech, zum Deel d'Ëmsetzung vun enger Direktiv, dat begrësse mer, dat ass absolutt gutt, datt mer dat maachen, well wéi bei anere Saachen ass natierlech och viles, wat sech justifiéiere léisst, an hei ganz besonnesch, datt déi Lutte contre la pédopornographie do verstärkt gëtt.

Ech wëll vläicht nach e Wuert soen – ech hat mer dat erausgesicht –, et ass och vläicht ganz wichteg, ze ënnersträiche bei der Diskussioun ronderëm den Inzest, datt mer jo och Diskussiounen hunn iwwert d'Procréation médicalement assistée avec tiers donneurs. An do gouf et op den États généraux de la bioéthique viru Kuerzem och d'Constatatioun, datt u sech d'PMA avec tiers donneurs, well et nëmmen eng ganz kleng Zuel vun Donneure gëtt vu Sperma, och de Risk vun enger inzestuöser Relatioun erhéicht.

Erlaabt mer den Temoinage vun enger Koppel, déi erausfonnt hunn, wéi se hir Originne retracéiert hunn, datt se u sech Brudder a Schwëster waren, well se vum selwechten Donneur waren – oder Hallefbrudder, Hallefchwëster. Also, et ass schonn esou, datt een do och déi Komplexitéit, wat d'Lutte contre l'inceste ..., dat ass sécher ganz gutt, mee si ka sech eeben och an Domänen ausbreeden, iwwert déi elo hei net sou vill diskutéiert gëtt, déi awer och tendenziell ëmmer méi Leit concernéieren, well eebe méi Leit op sou Techniken zrëckgräifen.

Dann hu mer déi Situatioun mat där Clause „Roméo et Juliette“ an esou. Dat ass natierlech och u sech eng gutt Saach. Et ass natierlech ëmmer arbiträr, eng Altersgrenz festzeleeën, et ass awer gutt, datt wéinstens dorüwwer nageduecht gëtt, datt do net eng allgemeng Penaliséierung kënn. Ech weess net, wéi et haut ass, ech weess awer, datt nach virun 20 Joer oder sou, datt do ..., mir sinn och selwer Fäll bekannt, datt eng Schülerin e Professor bestuet huet an déi och eng glécklech Koppel gi sinn. Ech weess net, ob dat haut alles strofbar wär, warscheinlech mat deem Gesetz schonn. Et gëtt am Ausland eng bekannte Koppel an engem Nopeschland, mat enger héijer politescher Funktioun, do war de Jong 15 Joer al an d'Madamm 39 Joer al, wéi si sech kennegeléiert hunn an hir Relatioun ugefaangen hunn. Haut wär dat warscheinlech dann och e gréissere Fall fir d'Justiz.

Et ass elo sou, datt ee bei all deene Saachen, mengen ech, vill Wichteges a Richteges hei seet, nämlech, datt Mannerjäreger onbedéngt musse protégéiert ginn. Et ass awer an eisen Aen sou, datt dat sech muss afügen an e Kader vu rechtstaatleche Prinzipien an datt mer eis net vun eisen Emotiounen, déi awer berechtigt sinn, op e Wee leede loossen, deen d'Rechtstaatlechkeet an d'Proportionalitéit vun deene Moosnamen, déi mer huelen, a Fro stellt. Mir wäerten eis hei enthalten. Mir hunn eng Rei Kriticke vun de Gerichter, vun de Justizinstanzen, déi mir iwwerhuelen, dofir stëmme mir net derfir. Awer déi Lutte contre la pédopornographie an aner positiv Elementer wëlle mer ënnerstëtzen, dofir stëmme mer och net dergéint.

Ech soen Iech Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem Här Kartheiser. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Wannechgelift, Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, mir begreisse besonnesch, dass dës Gesetzesprojet unerkennt, dass et par rapport zu der sexueller Gewalt am Fall vum Abus sexuel eng spezifesch Vulnerabilität vu Mannerjärege gëtt an dass aus dësem Grond d'Gesetzeslag muss geännert ginn, fir dës Zilgrupp méi kategoresch kennen ze schützen. Dat féiert derzou, dass eng Rei progressiv Dispositionen an déi bestoend Gesetzeslag vum Code pénal agebaut ginn. Dat ass eng positiv Evoloutioun an eisen Aen, déi mer brauchen, fir an Zukunft méi geziilt géint sexuell Gewalt virzegoen.

Dës Gesetzesprojet gesäit zum Beispill méi streng Sanktiounen fir Vergewaltigung vu Mannerjärege vir, domat gëtt eng eegestänneg Infractioun geschaf, déi der spezifischer Vulnerabilität vu Mannerjärege Rechnung dréit. Dofir geet dës Gesetz och esou wäit, eng Imprescriptibilitéit fir dës Infractioun anzeféieren, déi mécht, dass och nach Jore méi spéit dës Strofdot kann um Geriicht verfollegt a bestrooft ginn. Dat, wat normalerweis – dat ass och elo haut scho gesot ginn – fir Krichsverbrieche oder Verbrieche géint d'Mënschlechkeet gëllt, gëtt agesat, fir géint sexuell Gewalt u Mannerjärege virzegoen. Dat ass e wichtige Schrëtt an et ass ze wënschen, dass en och am Fall vun genderspezifischer Gewalt ka gemaach ginn.

Och wichtig an dësem Kontext sinn d'Klarifikatiounen vu philosophesch komplexe Begrëffer am Code pénal, déi musse gemaach ginn, fir mat engem gewëssene Konservatismus ze brieche an ze verhënnern, dass se falsch interpretéiert kënne ginn. Sou gëtt zum Beispill de Begrëff „Atteinte à l'intégrité sexuelle“ agefouert als Ersatz fir de Begrëff „Attentat à la pudeur“. D'Intégrité sexuelle setzt e Recht op Selbstbestimmung viraus, déi net dierf ugegraff ginn, wat bedeitend méi fortschrittlech ass wéi de passiven a moralesche Begrëff vun der „Pudeur“.

Den anere Begrëff, dee prezisiéiert gëtt, de „Consentement“, huet eng joerhonnertenal Geschicht, souwuel am juristesche wéi am philosopheschen an am politesche Gebrauch. Zulescht gouf d'Fro vum Consentement mat der feministescher #MeToo-Bewegung erëm zu engem méi groussen Gesellschaftstheema. Dës Projet de loi versicht, de Consentement aus engem reng juristesche Point de vue ze definéieren, fir dass méi kloer erauszeschelen ass, wéini ee vun engem Abus sexuel ka schwätzen. An dësem Fall wier alles, wat net an de Beräich vum Consentement fält, eng Form vun Abus.

Här President, eng Rei Kritikke goufen um Gesetz geäussert. Et ass schonn drop agaange ginn, et gouf notament gesot, dass dem Consentement libre bei Mannerjärege, déi scho sexuell aktiv sinn, net genuch Rechnung gedroe gëtt an dass verschidden Dispositionen ze wäit ginn an der Reguléierung vum Sexualliewe vum Jugendlechen a Mannerjärege. Dës Kritikke gëllen notament fir den Artikel, dee virgesäit, dass sexuell Relatiounen tëscht Mannerjärege ënner 16 a Volljärege de facto strofbar gemaach kënne ginn, och dat ass schonn ugeschwat ginn. Dat entsprécht och an eisen Aen awer net méi onbedéngt der Realitéit.

Eng Koppel, wou e Meedchen – oder e Jong – 15 Jore huet an de Jong – oder d'Meedchen – 19 Jore, ass gang und gäbe, wat net heescht, dass dat keng Problemer vum Abus mat sech brénge kann, déi virun

allem awer an eisen Aen doru leien, dass net genuch sexuell an affektiv Opklärungsarbecht an eise Schoule an allgemeng an der Gesellschaft gemaach gëtt.

Här President, bei der Sexualitéit ass et schwierig, eng Linn ze zéie vun der Alterslimit, ab där ee ka soen, dass eng Persoun bewosst handelt a fäeg ass, hire Consentement fräi ze ginn. Firwat läit dës Limit bei 16 Jore an net zum Beispill bei 15 Jore? An der Entwécklungsphas vun der Pubertéit gëtt et effektiv keng flagrant Ennerscheeder tëscht 15- a 16-Järege. Do ennerscheeden d'Meedercher sech jo nach vun de Jongen. D'Alterslimit ass deemno zum Deel arbiträr festgeluecht ginn. Deen ee Jugendlechen ass mat 15 scho sexuell méi bewosst an aktiv, deen aneren eréischt mat 17 oder 18. Et kann ee sech froen, ob dës philosophesch Froen esou einfach ze tranchéieren sinn.

Här President, leider ass et net gelongen, eng ganz eendeitig Sprooch an dësem Projet de loi ze schwätzen, och dat ass schonn ugedeit ginn. D'Confusioun ass zum Deel entstan mat der Aféierung vun der ominéiser Romeo-a-Julia-Klausel. A wéi de leschten Avis vun dem OKaJu ganz richtig betount, kann een déi zousätzlech Klausel esou formuléiert net einfach stoe loosse. Dës Klausel ass, wéi gesot, agefouert ginn, well an der Realitéit feststellen ass, dass vill Jugendlecher scho fréi sexuell aktiv sinn. D'Klausel autoriséiert a reglementéiert sexuell Relatiounen tëscht minimum 13- a maximum 17-Järege. Och hei ass d'Alterslimit net begrënn, mee et ass esou ze interpretéieren, dass sexuell Relatiounen tëscht Mannerjärege ënner gewëssene Konditiounen méi toleréiert si wéi déi tëscht, wéi virdru gesot, engem 19-Järege an engem 15-Järege Jonken, als Beispill.

Här President, d'Interpretatioun vum Consentement ass am Fall vu Mannerjärege gepräagt vun engem gewëssene Widdersproch, deen et an eiser Gesellschaft och sou gëtt. Selbstbestimmung a Friembestimmung, dat ass net esou einfach ze tranchéieren. Et ass schwéier, do rauszekommen. Am Kontext vum Abus sexuel misst dann eigentlech d'Definitioun vum Abus sexuel op de Leescht geholl ginn, wat géif bedeiten, dass d'Beweislaascht am Fall, wou en Akt als Abus sexuel ugeprangert gëtt, beim Täter vum Abus géif leien an net beim Affer, dat säi Consentement oder Netconsentement muss ënner Beweis stellen.

Ech ginn natierlech eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi, deen definitiv Verbesserungen mat sech bréngt, och wa mir eis nach méi Verbesserungen erwaart hätten. Villmools Merci.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci der honorabelen Madamm Oberweis. Den nächsten ageschriwwenen Riedner ass den honorabelen Här Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och merci dem Rapportier fir säi gudden schrëftlechen Rapport, mee awer och fir den detailléierten mëndlechen Rapport, deen en haut virgedroen huet a dee sécherlech bei ville Leit zur Kloerheet bäidréit. Mat dësem Gesetz wäerte mer méi streng Reegele géint sexuell Gewalt opstellen. Dat ass e wichteg Zeechen, eng ganz wichteg Moossnam, fir all Form vu Gewalt konsequent entgéintzetrieden. Eng perfekt Gesellschaft wier eng Gesellschaft ouni Gewalt, wou mer keng esou Reegele bräichten. Leider si mer dovunner nach wäit ewech an ëmmer erëm héiert ee vun traurege Fäll vu Leit, déi Affer vu sexueller Gewalt gi sinn. Esou Dote beschäftegen d'Affer e ganz Liewe laang. Als Affer vun enger sexueller Handlung, déi ee selwer net wollt, ass et eng grauenhaft Erfahrung, déi kee sollt duerchmaachen!

Et ass net einfach, ze verhënnern, dass esou Saachen an eiser Gesellschaft weiderhi virkommen, dat muss een och éierlech zouginn.

Et ass net einfach ze verhënnern, dass esou Saachen an eiser Gesellschaft weiderhi virkommen. Dat muss een och éierlech zouginn.

Deemno ass d'Bestrofung vu sexueller Gewalt e wichteg Zeechen, a méi haart Strofe sinn e Zeechen, dass mer esou Handlungen an eiser Gesellschaft net akzeptéieren. Mee et dierf net eleng bei de Strofe bleiwen. Mir mussen eis och d'Fro stellen: Wie sinn déi Persounen, déi esou Gewalt uwenden? Wéi kënne mer derfir suergen, dass se hir Taten net ausliewen? Wéi kënne mer se fréizäiteg erkennen? Wéi kënne mer mat preventive Moossnamen derfir suergen, dass se net zum Täter ginn an dass keen zum Affer wäert ginn? Et gëtt sécherlech keng honnertprozenteg Äntwert op dës Froen.

Wat nach méi wichteg ass wéi d'Preventioun, ass d'Betreiung vun den Affer. Hei muss alles drugesat ginn, dass d'Affer déi Hëllef kritt, déi et brauch, an dat esou laang wéi néideg. Mir Piraten schwätzen eis kloer derfir aus, dass mer éffentlech Ulafstelle fir Affer vu Forme vu sexueller Gewalt opbauen. Dës Ulafstelle sollen hei am Land opgebaut ginn an den Afferen d'Méiglechkeet ginn, e medezinneschen, psychologeschen a juristesche Suivi mat Spezialisten ze maachen, wa si Affer vu sexueller Gewalt gi sinn.

D'Anonymitéit vun den Affer steet heibäi ganz kloer am Virdergrond. Dofir si mer och der Meinung, dass een als Affer viru Geriicht net méi misst an Uwiessenheet vum Täter aussoen, mee an engem geschützten Ëmfeld, wéi dat bei de Mannerjärege schonn de Fall ass.

Zum Schluss: Am Gesetzestext ass een de Wee gaange vu Frankräich souwéi vun der Belsch, wat sexuell Relatiounen tëscht Jugendleche weiderhin erlaabt. An der Ufanksversioun vum Gesetz war dat méi streng gereegelt an esou sexuell Handlungen wäeren net méi méiglech gewiescht. Mir Piraten sinn awer der Meinung: Och Jonker hunn e Recht drop, hir sexuell Erfahrungen ze maachen. Deementspriedend ass d'Léisung mat de véier Jore Altersënnerscheed an eisen Aen eng gutt an eng pragmatesch Léisung a mir wäerten den Text och haut matstëmmen.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci dem honorabelen Här Goergen. Déi lescht ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Arendt. Madamm Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nancy Arendt épouse Kemp (CSV) | Jo, just ganz kuerz, Här President, wann Der erlaabt. Och als Netmember vun der Justizkommissioun war et mer awer wichteg, e groussen Merci ze soen un d'Madamm Justizministesch an alleguer d'Membere vun der Kommissioun, mee awer och un alleguer déi Leit, déi um Text matgeschafft hunn.

Fir mech ass dat hei perséinlech ee vun deene wichtigsten Deeg ...

(Mme Nancy Arendt épouse Kemp suspend son discours pour quelques instants.)

Entschëllegt.

... an der Chamber an dofir, et ass eng Thematik, wou ech mech scho laang agesat hunn. An ech mengen, ech hunn och alles gesot deen Dag vun der Interpellatioun bis an de leschten Detail, wat mer um Härz loung. An ech mengen, datt ech mat där Interpellatioun a mat där Proposition de loi e Steen un d'Rulle bruecht hunn.

D'Partei, d'CSV, huet déi Proposition de loi deposéiert, an ech wollt just soen, datt ech se zrëckgezunn hunn,

well der Madamm Ministesch hiren Text besser war. E war méi am Detail an en ass och méi wäit gaang. An dofir ass et mer wichtig gewiescht, dofir nach eng Kéier e grouse Merci ze soen. Dat ass, mengen ech, dat Allerwichtigst, datt den Text e besseren Text ass.

De wichtigste Message fir mech haut ass och deen, datt sexuelle Mëssbrauch eeben net just an der kathoulescher Kierch an am Sport stattfindet. E fénnt iwwerall, iwwerall statt! An den Här Roth huet et jo och gesot, ech hat dat och an der Interpellatioun gesot: Eent vu fénnef Kanner, schätzt den Europarot, gëtt sexuell mëssbraucht. Wann een eng Klass kuckt vun 20 Kanner, da sinn dat véier Kanner! Dat muss ee sech wierklech virun Aen halen, wat fir eng Thematik mer hei hunn. An dofir ass et och, wéi den Här Biancalana gesot huet: Mir müssen d'Aen an d'Queren ophalen, wann eis de Schutz vun eise Kanner wichtig ass an dat, wat nach vun hinnen iwwerbleift, wann een hiert Vertrauen, hire Geescht an hire Kierper mëssbraucht huet.

E grouse Merci vu menger Säit a merci och alleguer deenen Deputéierten, déi dëst Gesetz stëmmen.

M. Marc Spautz, Président de séance | Merci, Madamm Arendt.

An domadder hätt d'Regierung d'Wuert. Madamm Minister, wannechgelift.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, dat hei ass effektiv en Text, deen extreem wichtig ass a wou ech wierklech frou sinn, dass mer, doduerch, dass mer all zesummen hei un engem Strang gezunn hunn, deen Text nach haut kënne stëmmen – Dir kënnt e stëmmen, ech proposéieren en.

Zuele si gefall: Et sinn extreem vill Kanner Affer vu sexueller Gewalt. Et sinn extreem vill Mënschen insgesamt Affer vu sexueller Gewalt. Ech hunn e Problem domat, eng Hitparad ze maache vun deene Strofdoten, déi dann elo am schlimmsten sinn. Natierlech kann een engem Mënsch net méi undoen, wéi em d'Liewen ewechzehuelen, mee wann een e Mënsch vu Kand un esou traumatiséiert hannerléisst mat deenen Agrëffer, mat deem, wat de sexuelle Mëssbrauch alles duerstellt, och wat eng Ennerdrückung insgesamt ubelaangt ... Et ass Gewalt, et ass esou eng Intrusioun an e Kierper – do gëtt et keen, deen dat einfach ewechstécht, et gëtt keen, dee säi Liewen do weiderféiert, wéi wann dat net passéiert wär.

An dat muss een am Hannerkapp halen, wann et drëms geet, driwwer ze diskutéieren, ob déi Strofdot do sech ka verjären. Mir schwätze jo bei der Verjährungsfrist, déi et dann net méi gëtt, just vun de Mineuren, vu Jonken, Kanner, déi sech net kënne wiere géint en Erwuessenen, ganz dacks aus dem familiäre Beräich, déi dat e Liewe laang mat sech ronderëm schleefen, wou dat hiert ganz Liewe markéiert. An dat muss een do am Hannerkapp behalen, wa mer iwwert d'Verjährungsfriste schwätzen.

Et gëtt do e puer Schichten, wat dat ubelaangt. Fir d'éischt emol geet et drëm, dass mer wierklech deene Jonken, déi betraff sinn, deene Kanner, deene Mineuren, déi betraff sinn, Zäit loossen, sech domadder ausenannerzesetzen. Zäit loossen, och ze begräifen, datt si sécherlech net Schold dorunner waren, wat passéiert ass. Zäit loossen och, alles dat, wat dat vu Konsequenzen an der Famill ka mat sech bréngen, ze verschaffen. Dat heescht, déi Zäit ass noutwendeg, a wann et dann eebe méi wéi 20, 30 Joer muss daueren, dann dauert et dat. An d'Beispiller, déi mer aus dem Ausland kennen, weisen, datt et esou Fäll

gëtt a se weisen och, datt sou Fäll kënne opgeklärt ginn, a sief et nëmmen, well och en Täter ka geständeg ginn iwwert dat, wat e gemaach huet.

Dann ass et awer och e Message, deen ze vermëttelen ass. Ech si prinzipiell net der Meenung, dass d'Strofrecht do ass, fir Message ze ginn. Mee deen heite Message, deen ass wichtig. An et wëll heeschen: Wann ee sech un engem Kand sexuell vergräift, da muss een e Liewe laang fäerten, dass dat Konsequenze kritt. An dat ass e Message, dee soll jiddweren am Kapp hunn, wann en esou en Akt wëlles huet ze maachen. Et kann een e Liewe laang verfolge gi wéinst esou engem Akt, deen ee mécht, well deen Akt huet och e Liewe laang eng Konsequenz op dat Affer.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | An dat ass wierklech eppes, dat muss een am Hannerkapp behalen, an dorëms geet et och bei der Vermëttlung vun deem, wat mer hei maachen.

Natierlech hu mer Rechtsprinzipien an natierlech gëllen déi an alle Cas-de-figures. D'Présomption d'innocence ass sécherlech net a Fro gestallt. Et ass jo zitéiert ginn: Och d'Autorités judiciaires soen, et muss ëmmer bewise ginn, dass eng Strofdot virläit.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Mir wëssen, dass dat souwisou an deenen heite Fäll komplizéiert ass, dass et oft deem enge säi Wuert géint deem anere säi Wuert ass. Mir hunn do schon op villen Niveaue geschafft, notament eebe mat deem Service, wou ee kann higoen an och direkt eng Opnam maache loossen, fir Beweiser ze sammelen, mee oft – zumools wann ee vu Kanner oder Jonke schwätzt – ass et awer sou, datt et natierlech schwierig ass. Dat soll awer net empëchéieren, dass mer eis all d'Moyene ginn, fir dat heiten ze poursuivieren.

Eng Remark, wa mer elo bei der Semantik sinn oder bei den historeschen Originne vu verschiddene Wierder: Et stëmmt net, dass den Inzest à la base just wéinst biologesche Consideratiounen verbuete gouf, quitta dass dat wierklech en Nebenkriegsschauplatz ass. Mee et ass awer wichtig, déi och richtegstellen. U sech ass et schon deemools drëms gaangen, dass net eng Vertauschung vu Rolle soll geschéien, dass ee muss wëssen: Wien ass Schwëster? Wien ass Duechter? Dat ware ganz aner Consideratiounen. Do ass et net primär drëms gaangen, wéi eng biologesch Konsequenzen dat kéint hunn. An ech notéieren, dass dann och erëm heivunner Gebrauch gemaach gëtt, fir iwwert d'PMAen ze schwätzen, wou ech wierklech net de Lien domadder ka gesinn.

(Interruptions)

Dat anert, wat awer och genausou wichtig ass – an dat ass och bei ville vun Ären Interventiounen ugeklungen –, dat ass de Consentement. Där Notioun vum Consentement gi mir elo e bessere Kader.

An ech sinn d'accord mat deenen, déi gesot hunn, et misst een hei nach vermëttelen. Ech hoffen, dass déi Riede vun de Mëtten hire Public fannen, mee mir hunn dat hei awer och an eisem Budget vun den Informatiounscampagnen, déi solle gemaach ginn. Iwwert de Summer wäerte mer déi finaliséieren, soudass do am Hierscht och kann eng Campagne lancéiert ginn zu deem dote Sujet.

De Consentement ass net eppes, wat ginn ass. An de Consentement ass jo genau dat, wat d'Grenz duerstellt tëschent enger Relatioun, déi richtig ass, wou jiddweren sech dran erëmfénnt, an eeben dem Abus sexuel. Et si puer Saachen, déi hei an deem Text einfach wierklech wichtig ze ënnersträiche sinn, wat déi doten Definitioun ugeet. Dat eent ass déi, dass

doduerch, dass een näischt seet, een net kann der-vunner ausgoen, dass e Consentement do ass. Dat anert, wat awer genausou wichtig ass, dat ass: Och wann ee sech zu engem Moment vun deem Owend, deen da beschriwwen ginn ass virdrun, d'accord weist mat engem physische Kontakt, wann een zu engem anere Moment duerno seet, dass een net méi domat d'accord ass, dann ass de Consentement och zrëckgezunn. Och dat ass wierklech e wichtige Message: Den Nee kann zu all Moment vu sou engem Moment geschéien tëschent zwou Persounen.

Dann den aneren, genausou wichtige Punkt ass dee vum digitale Beräich. Mir hunn hei e Gesetz proposéiert, wat technologieneutral soll sinn, wou mer natierlech awer am Hannerkapp haten, dass mer an der digitaler Welt nach ganz neien Erausforderungen ausgesat sinn, dass déi Jonk nach méi vulnerabel sinn an där digitaler Welt wéi souwisou schon an dass et extreem wichtig ass, dass och ënner Strof gestallt gëtt, wann ee gezwonge gëtt, en Akt u sech selwer ze maachen, oder gezwonge gëtt, en Akt un engem aneren ze maachen. Och dat sinn Elementer, déi och an der Vermëttlung, och am Kontakt mat de Jonke wichtig sinn a müssen an der Virdergrond gestallt ginn.

Ech wollt awer net ophalen, éier ech nach e puer Mercie lassgi sinn. Fir d'éischt allem virop dem Lisa Schuller am Justizministère, wat sech ëm deen Dossier hei bekëmmert, mee awer och all deenen anere Beamten aus dem Ministère, déi an de leschte Joren hei op deem Dossier matgeschafft hu fir eng ganz wichtig Cause. Dann och dem Staatsrot, well och hei an dësem Dossier hu se eis extreem gehollef, fir dass mer nach séier kéinten dee Gesetzestext zum Ofstëmme bréngen, nodeem mer eng e bësse méi laang Zäit op den Avis gewaart haten an dann eeben am Konsens decidéiert haten, déi faméis Roméo-et-Juliette-Klausel nach materanzebréngen.

Dann natierlech der Chamber: Ech weess, dass mer vill intensiv Momenter elo déi lescht zwou, dräi Wochen haten. Hei ass awer wierklech en Text, wou ech extreem frou war, dass mer, nodeems mer d'Avisen all eranhaten, nach eng Kéier konnten iwwert déi faméis – ech hunn deen Numm net ganz gär – Roméo-et-Juliette-Klausel diskutéieren. Et ass gesot ginn: „All d'Argumenter leien um Dësch“, firwat et wichtig war, dass mer nach eng Kéier géifen un den Text erugeen. Mir haten an enger éischer Mouture vum Text no Diskussiounen, no Echangé mat den Autorités judiciaires decidéiert, keng esou eng Klausel zrëckzebehalen, fir dem Parquet dann d'Opportunité des poursuites ze iwwerloossen.

Ech muss awer soen: No Reflexioun a villen Echangé sinn ech och zur Konkusioun komm, dass de Message, dee mer de Jonke géife ginn, de falsche wier. Mir wëssen, datt et sexuell Relatiounen gëtt tëschent Mineuren an och eebe Mineuren ënner 16 a Mineuren iwwer 16. An et geet jo net drëm, dass mer de Jonke virschreien, wat se dierfen oder net dierfen an deem dote Beräich. Et geet net drëm, dat ze kriminaliséieren, mee et geet drëm, se ze schützen.

An an der Tëschenzäit haten d'Belsch sech eeben och en Text ginn, deen och wierklech e gudden Text an eisen Ae war. Dunn hunn ech d'Propos gemaach, dass mer deen Text géifen iwwerhuelen. Mir hunn eis do gëe-negt op déi véier Joer Differenz, déi d'ailleurs och den 19-Järege nach materanzehuelen – fir zu enger Remark nach eppes ze soen. Ech war awer ganz frou – well et ass wierklech e wichtigen Text –, dass mer hei elo keng politesch Schlamm-schlacht iwwert déi doten

Dispositioun féieren, frou, dass mer hei kënnen e Konsens fannen, dass mer all zesumme kënnen de richteg Message do no baussen droen.

Hei an der Chamber wollt ech awer particulièrement menger Matstreiderin an dësem Dossier, dem Nancy Kemp-Arendt, Merci soe fir hiren onermiddlechen Asaz fir dës Cause. Ech weess, wéi wichteg et fir si ass, an ech sinn immens dankbar, dass och si sech ëmmer do derfir asetzt, dass mer hei e bessere Kader, e bessere Schutz schafen.

An dann, last but not least, léiwen Här President a Rapporteur vum Dag a vun der Woch, merci och dir, éischters fir de Rapport vun haut, mee awer och – well dat war jo elo de leschte Rapport – fir dës Legislaturperiod, deem s de gemaach hues, fir deng Aart a Weis, wéi s de déi Chamberskommissioun iwwert déi lescht fënnf Joer geleet hues, als Netjurist heiansdo en Defi, mee heiansdo vläicht och en Avantage. An duerfir merci dir fir dāi groussen Asaz fir d'Cause an natierlech och fir dësen Dossier, vun deem ech weess, dass en dir och extreem um Härz läit. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen der Madamm Justizministesch Sam Tanson Merci. D'Diskussioun ass domat ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7949. Den Text steet am Document parlementaire 7949⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7949 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm an 3 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7949 est adopté par 56 voix pour et 3 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 6539A – Projet de loi relative à la préservation des entreprises et portant modernisation du droit de la faillite, modifiant :

1^o le livre III du Code de commerce ;

2^o le livre II, titre IX, chapitre II, section Ière du Code pénal ;

3^o les articles 257 et 555 du Nouveau Code de procédure civile ;

4^o la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;

5^o la loi uniforme modifiée sur les lettres de change et billets à ordre, telle qu'elle a été introduite dans la législation nationale par la loi du 8 janvier 1962 ;

6^o la loi modifiée du 7 juillet 1971 portant, en matière répressive et administrative, institution d'experts, de traducteurs et d'interprètes, de conciliateurs d'entreprise et mandataires de justice assermentés et complétant les dispositions légales relatives à l'assermentation des experts, traducteurs et interprètes ;

7^o la loi modifiée du 23 juillet 1991 ayant pour objet de réglementer les activités de sous-traitance ;

8^o la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État ;

9^o la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises ;

10^o la loi modifiée du 5 août 2005 sur les contrats de garantie financière

Als nächste Punkt kennt de Projet de loi 6539A iwwert d'Moderniséierung vum Faillitegesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorablen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Guy Arendt (DP), rapporteur | Merci, Här President. De Kolleg Charles Margue sot de Moie bei der Presentatioun vun engem Projet de loi, e géif sech méi jonk spieren. Abee, Charel, ech muss soen, ech spiere mech eng 40 Joer méi jonk, well wéi ech 1980 op de Barreau koum, war ech bei enger Konferenz derbäi, wou en eminente Jurist eng kleng Konferenz iwwert d'Faillitegesetz gehalen huet a wou en dunn ofgeschloss a gesot huet: „D'Moral vun der Geschicht: D'Faillitegesetz muss geännert ginn.“ Abee, haut si mer sou wäit, méi wéi 40 Joer duerno. Voilà, an et war och keng einfach Saach.

Bon, wéi gesot, loosse mer awer elo zum Projet de loi kommen: De Sujet Faillite, wéi gesot, ass an de leschte Méint a Wochen nees zu engem méi aktuellen Thema ginn. Mir brauchen dofir nëmmen d'Zeitungen opzemaachen, fir feststellen, dass vill Faillitten an de leschte Woche verëffentlecht gi sinn. D'Grënn si villfälteg a vu Faillite zu Faillite verschidden. Et gëtt net eng eenzeg richteg Äntwert. All Faillite bréngt hir eege Komplexitéit mat sech an all Faillite ass anescht. Et gëtt ganz vill kleng Entreprisë mat weënige Salariéen, mee awer och grouss Entreprises, vläicht manner un der Zuel, mee wou méi Salariéen ugestallt sinn, déi duerch eng potenziell Faillite impaktéiert ginn.

An deem Sënn brauche mer och e flexibel Gesetz an eent, dat sech de Gegebenheete vun der jeeweileger Situatioun kann upassen an dat et erlaabt, dem

Commerçant oder dem Betrib a senger Situatioun ze hëllefen.

Eist aktuell Gesetz ass en alen Text, deem deelweis op d'19. Joerhonnert zrëckgeet. Iwwert déi lescht Joren ass versicht ginn, ëmmer erëm Léisungsusätz auszeschaffen, an et goufen Initiative geholl, fir punktuell Upassunge virzehuelen an deem Sënn fir d'Preventioun vun de Faillitten, respektiv fir géint organiséiert Faillite virzegoen.

Den 1. Februar 2013 – et sinn also elo 10 Joer – gouf de Projet de loi 6539 bei der Chamber deposéiert. Zënterhier ass den Text vill geännert ginn, well mëttlerweil och Direktiven hu misse mat integréiert ginn. Den 22. Juli 2021 ass den Originalprojet an zwee gespléckelt ginn. De PL, also de Projet de loi, 6539B, deem d'Procédure de dissolution administrative sans liquidation organiséiert huet, ass mëttlerweil Gesetz.

Mam Gesetzesprojet 6539A stëmme mir haut en neien Text iwwert d'Faillitten, deem et erlabe soll, Faillitten an enger éischter Phas sou gutt et geet ze verhënnern oder awer integral duerch eng adequat Betreuung ze begleeten, fir esou déi beschtméiglech Léisunge fir souwuel d'Creancier an d'Debiteuren auszeschaffen.

Dësen neien Text huet véier grouss Achsen. Ech wäert net op all einzelnen Artikel agoen, Dir fannt wéi ëmmer all Detailer, Commentairen an Avisen am schrëftleche Rapport. Trotzdeem wäert ech op d'Haaptaspekter agoen an déi och kuerz developpéieren.

De Projet de loi 6539A verfollegt, wéi gesot, verschidden Approchen an huet véier grouss Voleten: de Volet Preventioun, de Volet Reparatioun, e repressive Volet, also e repressiven Deel, a véiertens e soziale Volet.

Zum éischte Volet, der Preventioun: D'Preventioun ass en immens wichtige Volet. Eng Faillite propper ofzewëckelen, ass sécher eng gutt Saach, et net zu enger Faillite kommen ze loosse, ass den Optimalfall. Mam Volet préventif vun dësem neien Text siche mer, ze vermeiden, dass et automatesch zu enger Faillite an engem Betrib muss kommen, just well d'Entreprise a Schwierigkeete stécht. Sécher gëtt et an der aktueller Legislatioun scho Moeenen, mee déi sinn deels immens schwéierfällg, deels kaschte se ëmmer nach weidert Geld, soudatt nëmmen déi Betriber op si kënnen zrëckgräfen, déi finanziell nach genuch Sputt hunn, fir sech kënnen hëllefen ze loosse. Dass net all Betrib op dës Mëttele kann oder wëllt zrëckgräfen, ass an deem Fall verständlech.

Mat deenen neien Dispositiounen sollen d'Betriber kënnen vermeiden, an eng Faillite ze falen. Et gëtt also e System agefouert, deem dës al Mesure soll ersetzen. Elo soll scho vidrun, éier et ze spéit ass, eng Zort Alarmmechanismus, de sougenannte „système de clignotants“, wéi en am Text genannt gëtt, agefouert ginn. Deen hëlleft, d'Entreprises, déi an der Nout sinn, scho wäit am Virus kënnen ze identifizéieren.

Fir dës Betriber ze identifizéieren, gesäit den Text zwee Weeër vir: Zum een setzt den Text op déi fräiwëlleg Approche. De Commerçant oder d'Entreprise kréien eng ganz Rei Outilen zur Verfügung gestallt a sollen och incitéiert ginn, dës Mesures de soutien fréi genuch an Usproch ze huelen. Da spillt awer och de Wirtschaftsministère eng wichtige Roll. De Ministère soll Entreprises, déi Schwierigkeeten hunn oder déi de Risiko lafen, an eng Faillite ze rutschen, kënnen identifizéieren, se opklären a beroden, wéi eng Mesure kéinte geholl ginn, fir eeben eng Faillite ze vermeiden.

Oft ginn haut d'Prozeduren vun der Gestion contrôlée vum Commerçant vill ze spéit ugefrot, an zwar zu